
# RIPEVUSCH

ZEITUNG VUN DER GEMENG USELDENG

N° 3/ 3 – 2023

RIPPWEILER | EVERLANGE | USELDANGE | SCHANDEL



## PRÉFACE



## GEMENG

Mat engem klore Bléck an d'Zukunft! ........ 03
Kommemoratiounsdag 2023 ........ 05
Extrait du registre aux délibérations
Interview – Marco Versall ........ 12
Interview – Sarah Kemp ........ 13
E puer Andreck vun eise Chantieren ........ 14
Maison Relais ........ 17

## DUERFLIEWEN

Mobilitéitswochen 2023 ........ 18
Tour du Duerf 2023 ........ 19
Senioreforum ........ 19
APECU ........ 20



## VERÄINSLIEWEN



Pompjeeën ........ 21
Club des Jeunes Useldeng ........ 24
Flashmob 16.09.2023 ........ 26
Den Useldenger Football an der Saison 23-24 ........ 28
Aktuelles vom Castleride-Treff! ........ 30
Ee groussen Apero-Tour ........ 31
Indiaca Nethoppers Useldeng ........ 32
Swingin' Castle 2023 ........ 33
CLVV Useldeng ........ 34
Segelkonschtfluch zu Useldeng
Iewerlenger Bréckestäiler ........ 35

## GESCHICHTLICHES AUS DER GEMENG

100 Joer Rippweiler Grott ........ 36

## D'REZEPT VUN DER BOMI

Médaillon de marcassin sauce au vin rouge et petits légumes à la provençale ........ 49

## DE GRÉNGEN ECK

Klimaagence ........ 42
SIDEC ........ 43

## AGENDA

Agenda ........ 50

## AM KANTON

Chrëschtdag Challenge ........ 46
Nouveau bâtiment électrique-informatique ........ 47

Weider Informatiounen a Fotoen iwwert d'Gemeng fannt Dir um Internet op www.useldeng.lu

**Redaktiounsschluss fir den Ripevusch 1/2024 ass den 31.03.2024**

Coverfoto : Jil Peiffer
Correctures : Merci dem Gaby Pavant
Mise en page : a | part
Impression : imprimerie reka
Tirage : 950 exemplaires

# Mat engem klore Bléck an d'Zukunft!



Léif Matbiergerinnen a Matbierger!

Dëst Joer 2023 war een extrat an dat a villen Hisiichten: Gemengewalen am Juni mat als Resultat 5 nei Gesiichter am Gemengerot an duerno Chamberwalen am Oktober mat um Enn enger neier CSV/DP-Koalitioun, déi sech séier eens war!

Donieft international, déi zermürbend Kricher an der Ukrain an am Gazasträife mat zigdausenden onschëlligen Doudeger a Verletzter a leider bis elo ouni Siicht op een Enn.

Vu verheerende Klimakatastrophen och dëst Joer erëm guer nit ze schwätzen...

Et ass scho frustrant déi grujeleg Biller vun onschëllige Kanner an Zivilisten op der Televisioun ze gesinn, déi an engem Däiwelskrees vun Terror a Gewalt gefaange sinn a wou een tadellos muss nokucken a feststelle muss, dass déi international Gemeinschaft nit „à même" ass, deene Massaker een Enn ze setzen...

An hei zu Lëtzebuerg an an eiser Gemeng ass et eis Aufgab, derfir ze suergen, dass d'Erwaardunge vun eise Biergerinnen a Bierger an Erfëllung ginn; och wann dat nit méi einfach dierft ginn!

Et muss also virugoen an ech kann natierlech nëmmen am Numm vun eisem Gemengerot schwätzen an hei, dat däerf ech verroden, ass villes geplangt a sti vill gutt Projeten op der Lee!

Den Detail vun allem, wat mer virhunn, steet op enger anerer Säit vun dëser Editioun an ech konzentréiere mech an dëser Preface nëmme just op dat Allerwichtigst!

Schéin nei Schoulgebaier, motivéiert Personal an der Schoul an an der Maison relais, séchere Schoultransport mat endlich och performante Busbegleeder sinn eigentlich d'Viraussetzunge fir eent ideal funktionéierend Schoulwiesen, mee dacks läit awer och den Däiwel am Detail!

Ech däerf Iech verroden, dass d'Sécherheet Virrang behält an dass och nit an der Zukunft op dem Bockel vun eise Klengste gespuert gëtt...

Bedingt duerch déi ëmmer méi grouss Awunnerzuel, vergréissert sech och automatisch eis Gemengeverwaltung an ech si richtig frou, dass mer an der Persoun vum Marco Versall een neien a kompetente Gemengesekretär fonnt hunn.

Hie kéint aus där méi grousser Gemeng Jonglënster, huet eng grouss Erfarung a passt honnertprozentig an eise motivéierte Staff eran. Dovu konnte mer eis all schonn iwwerzeegen!

Dem Daniel Philippe soen ech ee spezielle Merci fir seng gutt Aarbecht als Interimsekretär an allen anere Mataarbechterinnen a Mataarbechter och, fir hir Kompetenz an hiren Devouement!

Ouni eent gutt agespillten Team ass et schwierig, déi mannigfaltig Aufgaben ze meeschteren.

Wéi dir schonns wësst, denke mer drun d'Paschtouesch-haus an een administrativen Zenter ëmzebauen, dem Traufleschhaus eng multifunktionell Bestëmmung ze ginn an ee Gebai fir déi jonk Erwuessen opzeriichten, déi d'Elterenhaus wëlle verloossen an an eiser Gemeng trotzdeem wëlle wunne bleiwen.

Eng absolutt Prioritéit gi mer och dem Gesondheetswiesen an eiser Gemeng, andeems mer een neie Bau fir verschidde Gesondheetsberuffer wëllen opriichten.

Eist Zil ass et, vill verschidde Beruffer aus dem Gesondheetswiesen ënner een Daach ze huelen an domat automatisch laang Weeër fir eng performant Gesondheetsversuergung fir eis Biergerinnen a Bierger ze reduzéieren!

Mir schwätzen hei nit vun enger „Maison médicale“ telle quelle, wou och vill medezinnischt Material erfuerderlich ass, mee éischter vun engem Gesondheetshaus „tout court“.

Et läit eis och um Häerz an den Dierfer Iewerleng, Schandel a Rippweiler nei „lieux de rencontre“ ze schafen, wou Mammen a Pappe mat hire Kanner sech kënnen treffen an domat automatisch eent nach bessert Zesummefannen an Zesummeliewen zustaane kéint.

Um interkommunale Plang hu mer eis och gutt positionéiert a sinn a véier wichtige „Bureauen“ (ass gläichgestallt wéi ee Schäfferot) vertrueden. DEA a Réidener Kanton (mam Buergermeeschter), Réidener Schwämm a Musiksschoul (mat de Schäffen Christian Frank an Raoul Schaaf).

Sou kënne mer och hei hëllefen, dës Syndikater nach besser ze geréieren an hiren Developpement och finanziell besser am An behalen.

Et ass wouer, dass déi vill Syndikater, an deene mer vertruede sinn, natierlech ee groussen Deel vun eisem Budget an Usproch huelen an eis Presenz an all deene Gremien ëmmer méi gefrot ass.

Immens frou sinn ech och, dass esou vill Leit Interessi un eisen nei geschafene Kommissioune fonnt hunn an dass domat also och automatisch d’Meenung vun eise Biergerinnen a Bierger besser zum Droe kéint.

Léif Leit,

De Budget fir 2024 gesäit vill Ausgabe vir an eise finanzielle Spillraum erlaabt et eis déi vill grouss Projete quasi alleguer mateneen unzegoen.

Do komme mer zwar dës Kéier nit laanscht ee substanziellen Emprunt ewech, mee dee vu virun 20 Joer leeft och aus.

Mir sinn der Meenung, dass et wichtig ass an dësen Zäiten ze investéieren an domat d’Konjunktur mathëllefen héich ze halen. Dat ass näischt Neies an dëse Gemengerot bekennt sech kloer derzou!

Schonn dee fréieren däitsche Bundeskanzler Helmut Schmidt huet emol gesot:

„Was Wachstum schafft, darf sehr wohl mit Schulden finanziert werden.“


Mir ginn op Chrëschtdag zou a gläich ass och schonn Neijooschdag.

Ech wënschen Iech all an och am Numm vum Schäffen- a Gemengerot ee frouen a friddleche Chrëschtdag am Krees vun ärer Famill an ee glécklecht, gesond a schéint neit Joer, verbonne mam Wonsch, dass et fir Iech an är Léifsten ee gutt Joer gëtt!

Mir wëssen nit wat op eis duerkéint, mee wa mer mol zesummen an eiser Gemeng eis mat Respekt an Toleranz begéinen, hu mer schonns ganz vill geschafft!

Merry Christmas and a Happy New Year!

*Äre Buergermeeschter*



# Kommemoratiounsdag 2023



De Kommemoratiounsdag, organiséiert vun der Gemeng Useldeng, zesumme mam Comité du Souvenir, deen un déi schrecklech Jore fir d'Lëtzebuerger Vollek vun 1940 bis 1945 soll erënneren, gouf dëst Joer wéinst de Walen de 15. Oktober 2023 zu Useldeng zelebréiert.

Wéi gewinnt, war de Rendez-vous fir de Cortège am Millenhaff zu Useldeng. D'Harmonie Useldeng, zesumme mat dem Pompjeescorps aus der Gemeng, hunn de Cortège an d'Porkierch ugefouert. Och de Club des Jeunes Useldeng war gutt vertrueden.

An enger feierlecher Gedenkmass, déi duerch d'Chorale vum Dirigent Fernand Even an dem Carlo Philippe op der Uergel matbegeleet a verschéinert gouf, hu mir un déi onschéin Jore vum Lëtzebuerger Vollek zréck geduecht.

A Presenz vum Schäffen- a Gemengerot aus der Gemeng Useldeng war no der Mass d'Gedenkzeremonie beim Monument aux Morts. Zwee Blummenarrangementer goufe vum Buergermeeschter mam Schäfferot sou wéi vum Comité du Souvenir niddergeluecht.

Uschléissend huet de Buergermeeschter eng Ried gehalen an de Leit Merci gesot fir hiert Kommen. No senger Ried huet hien déi Leit, déi sur place waren, am Numm vun der Gemeng op e Frëndschaftspatt agelueden.













# Extrait du registre aux délibérations

## du conseil communal de la commune d'Useldange



## Séance du 22.09.2023

- **Déclaration du collège des bourgmestre et échevins concernant les projets envisagés pour la période 2023-2029**

- Finalisation du projet de l'extension du centre scolaire et de la Maison Relais - phase 2
- Réaménagement de la cour de récréation du centre scolaire et de la Maison Relais
- Rénovation et transformation de l'ancien presbytère sis à Useldange, 1, rue de l'église en bâtiment administratif
- Étude concernant un terrain de foot synthétique futur à Useldange sur le site rue de la gare / rue de Boevange pour le F.C. Jeunesse Useldange et réalisation en cas d'avis positif
- Construction d'une maison médicale à Useldange, rue de Vichten à côté du cimetière
- Réalisation d'un projet de logements abordables de type « JobStarterWG » à Useldange, um Helpersbierg
- Réaménagement de l'aire de jeux « place de l'église » et création d'un lieu de rencontre « rue Principale » à Everlange
- Réalisation d'un projet « lieu de rencontre » à Rippweiler
- Réalisation d'un projet « lieu de rencontre » à Schandel, église et place de l'église
- Rénovation et transformation de la maison « Traufler » sise à Useldange, 10 am Trëmel en bâtiment multifonctionnel
- Aménagement des parkings publics supplémentaires à Useldange
- Réalisation des mesures d'exécution du concept contre les crues et inondations à Everlange
- Réalisation d'un concept contre les crues et inondations à Useldange
- Rénovation de la menuiserie extérieure du bâtiment MANUKULTURA / TOURISTINFO sis à Useldange, 1, am Millenhaff
- Finalisation du projet de la liaison piétonne entre le centre d'Useldange et le terrain de foot.

- **Désignation de membres du conseil communal pour diverses commissions consultatives**

Le conseil communal a nommé à l'unanimité les membres communaux suivants auprès des diverses commissions:

- **Commission de l'environnement, de la circulation et des chemins communaux :** Gerry Bieser, Starsky Flor, Raoul Schaaf
- **Commission des sports, de la jeunesse et de la famille :** Hugo Correia, Pierre Da Silva, Starsky Flor
- **Commission du vivre-ensemble interculturel :** Starsky Flor, Christiane Harpes
- **Commission scolaire :** Pollo Bodem, Pierre Da Silva, Manon Reichert, Raoul Schaaf

- **Désignation de membres pour l'a.s.b.l. Kultur a Buergfrënn**

La commune est tenue de nommer sept membres auprès du conseil d'administration de l'asbl Kultur a Buergfrënn.

Monsieur Christian Frank, Madame Christiane Harpes, Madame Manon Reichert et Monsieur Gerry Bieser ont été désignés comme membres en vue de représenter la commune d'Useldange.

Les personnes suivantes ont été proposées et votées par le collège des bourgmestre et échevins : Monsieur Gérard Anzia, Monsieur Romain Kleer et Monsieur Roland Wald.

- **Règlement interne de la Maison Relais**

Le conseil communal a décidé par scrutin nominal et à l'unanimité d'approuver le règlement d'ordre interne de la Maison Relais.

- **Règlement sur le transport scolaire**

  Le règlement sur le transport scolaire a été approuvé par le conseil communal.

  Le règlement est consultable sur le site web de la commune : www.useldeng.lu → Publications → catégorie → règlements communaux.

- **Avis du conseil communal concernant le classement comme patrimoine culturel national d'un immeuble à Rippweiler**

  Vu que le conseil communal a été saisi par Madame la Ministre de la Culture pour donner son avis au sujet d'une proposition de classement comme patrimoine culturel national de l'immeuble sis 13, Haaptstrooss à Rippweiler, le conseil communal décide d'aviser favorablement la proposition de classement susmentionnée.

- **Modification du règlement de circulation**

  Le conseil communal décide à l'unanimité des voix de modifier le règlement de circulation communal du 23. Mars 2021 comme suit :

**Art. 1**

« Dispositions particulières », la rubrique concernant la Principale, rue (N22) à Everlange (Iewerleng) est complétée par les dispositions suivantes :

| Article | Libellé | Situation | Signal |
|---|---|---|---|
| 5/2/1 | Stationnement interdit | • de la maison n°5 jusqu'à la rue du pont, du côtéimpair<br>• de la rue de Schandel jusqu'à la rue a Laichent, du côté pair |  |

**Art. 2**

« Dispositions particulières », la rubrique concernant la rue de Buschdorf (CR116) à Useldange (Useldeng) est complétée par la disposition suivante :

| Article | Libellé | Situation | Signal |
|---|---|---|---|
| 5/2/1 | Stationnement interdit | • de la rue de la Gare jusqu'à la rue Schiessbierg, des deux côtés |  |

**Art. 3**

Les infractions aux dispositions de la présente modification sont punies conformément aux dispositions de l'article 7 de la loi modifiée du 14 février 1955 concernant la réglementation de la circulation sur toutes les voies publiques.

- **Actes et convention**

Le conseil communal vote les actes et conventions suivants :

- Convention entre le Club Senior « Aterdall », l'Administration communale d'Useldange, l'État luxembourgeois et l'association Doheem versuergt a.s.b.l.
- Convention entre l'Administration communale d'Useldange et Monsieur P. Nothumb concernant les mesures de Protection de la nature proposées par le syndicat SICONA-Centre.
- Avenant au contrat de bail entre Madame Ricardina Da Cruz Teixeira et l'Administration communale d'Useldange
- Avenant au contrat de bail entre Madame Eloisa Medina Evora et l'Administration communale d'Useldange
- Avenant au contrat de bail entre Monsieur et Madame Aghlotat Carreau –Maha Benmancer et l'Administration communale d'Useldange

- **Divers**

- Un étudiant a effectué un stage de formation en milieu professionnel du 2 mai 2023 au 9 juin 2023 auprès de l'Administration communale d'Useldange.
  Le conseil communal lui a accordé une indemnité de stage.

- Le conseil communal a voté d'intégrer les missions du délégué au transport public dans les missions du délégué au transport.

- Le conseil communal a décidé à l'unanimité de nommer Monsieur Pierre Da Silva comme délégué de la commune d'Useldange au comité de l'Association des Parents d'Élèves de la commune d'Useldange (APECU)

## Séance du 31.10.2023

- **Présentation du plan d'aménagement de la forêt**

  Le conseil communal a décidé d'approuver le plan d'aménagement de la forêt 2023-2032 présenté par Monsieur Parini Claude de l'Administration de la nature et des forêts.

- **Présentation du plan de gestion de la forêt**

  Le conseil communal a également approuvé le plan de gestion annuel de la forêt communale pour l'excercice 2024 présenté par Monsieur Mike Van Rijen.

- **Approbation du devis du projet de réaménagement de la cour de récréation de l'école fondamentale d'Useldange**

  Le conseil communal a voté en faveur du devis concernant le réaménagement de la cour de récréation de l'école fondamentale à Useldange au montant total de 1.200.077,71€

  Les enseignants ont a été concertés afin de répondre au mieux aux besoins des enfants.

- **Régularisation des allocations de subventions d'intérêts**

  Le conseil communal a décidé par scrutin nominal et à l'unanimité de régulariser l'application du règlement grand-ducal du 12 octobre 2001 concernant les subventions d'intérêt aux fonctionnaires et employés des communes, syndicats de communes et établissements publics placés sous la surveillance des communes ayant contracté un prêt dans l'intérêt du logement aux salariés occupés auprès de l'Administration communale d'Useldange avec effet rétroactif à partir du 1er janvier 2012




GEMENG

- **Régularisation de primes diverses**

Le conseil approuve la régularisation des primes, pour les salariés à tâche manuelle, suivantes :

- Prime fosse
- Masse d'habillement
- Prime supplément personnel
- Travailleur désigné

- **Fixation du tarif repas sur roues pour l'année 2024**

Il est porté à la connaissance du public que le conseil communal décide de prolonger le contrat avec la boucherie Mathieu de Redange/Atert.

En raison de la hausse des prix, le prix d'un menu va augmenter de 18 € à 19 € par repas en 2024. Néanmoins, le prix du menu restera inchangé pour le consommateur, il coûtera donc 15 €. La part communale est augmentée à 4 € par repas .

- **Composition du Naturpaktteam**

Le conseil communal a nommé les membres suivants dans le « Naturpaktteam »

- M. Raoul SCHAAF, « Naturpaktschäffen »,
- M. Mike Van Rijen, garde-forestier,
- M. Yves Schaack, conseiller pacte-nature,
- M. Sam Heiter, conseiller pacte-nature adjoint,
- M. Marc Ferber, membre,
- Mme Jil Peiffer, membre

- **Composition du Klimateam**

Le « Klimapteam » a été composé comme suit :

- M. Raoul SCHAAF, « Klimaschäffen »,
- M. Pierre DA SILVA, conseiller,
- M. Hugo CORREIA, conseiller,
- Mme Christiane HARPES, conseiller,
- M. Starsky FLOR, conseiller,
- M. Gerry BIESER, conseiller,
- M. Stéphane DEVILLET, membre,
- M. Marc Ferber, membre,
- M. Luca DENELLE, membre,
- Mme Jil Peiffer, membre

- **Désignation des membres de commissions diverses**

Le conseil communal a nommé à l'unanimité les membres suivants auprès des commissions :

**Commission des sports, de la jeunesse et de la famille:**

- CORREIA ISIDORO Hugo Alexandre
- DA SILVA Pierre
- FLOR Starsky Selestino
- HASLBAUER Julia
- FONTCHET Emma Lino
- GITZINGER Guy
- PEPIN Gérard Roland
- LANG Alain
- ANDRADE Manuel
- THILL Christian

**Commission du vivre-ensemble interculturel :**

- FLOR Starsky Selestino
- HARPES Christiane
- PEDRAZZOLI Manuela
- THILL Nathalie
- FONTCHET Emma Lino
- WIES Sandra
- PEPIN Gérard Roland
- CIRNE Elsa
- DJUKANOVIC Daliborka
- GOTTSCHALK Christel
- GIALLOMBARDO Kevin

**Commission de l'environnement, de la circulation et des chemins communaux :**

- BIESER Gerry
- FLOR Starsky Selestino
- SCHAAF Raoul
- DA SILVA Pierre
- KINSCH Gilbert
- FRANZISKUS Anne
- THILL Nathalie
- DELLI-ZOTTI Stella
- PEPIN Gérard Roland
- THEISS Christophe
- OLSEM Tom
- ZEIMES Myriam
- BOURG Ben
- KOSTER Max
- VÖLKENING Thomas
- WETZEL Gaston
- THIES Nico
- LANG Alain
- GUTH Marco
- BAUER Jeff
- LOUIS Ben
- FLOHR Lucien
- NEU Pascal

- WELTER Teddy
- ELSEN Patrick
- SCLISIZZI Romain
- GIALLOMBARDO Kevin
- RECKINGER Guy

**Commission Scolaire :**

- BODEM Pollo, Bourgmestre
- GROBEN Gilles, Enseignant
- WEIS Laura, Enseignant
- LABRANCHE Stéphanie, Parent
- ELSEN Patrick, Parent
- DA SILVA Pierre, Membre désigné par le CC
- REICHERT Manon, Membre désigné par le CC
- SCHAAF Raoul, Membre désigné par le CC
- WASSNICH Lynn, Membre désigné par le CC

- **Titres de recette**

Le conseil décide d'approuver les titres de recette présentés par le bourgmestre.

- **Divers**

Monsieur Raoul Schaaf a été nommé comme délégué à l'égalité entre femmes et hommes de la commune d'Useldange.

# Maison Relais an Chèque-Service

## Wichteg Informatiounen zur „gratis" Offer

**LU** Fir vun der gratis Offer ze profitéieren, muss e Kontrakt „Chèque Service accueil" op der Gemeng ugefrot ginn, an déi bestoend Kontrakter mussen och weiderhin all Joers erneiert ginn!! Wann d'Kaart net verlängert gëtt, gëtt d'Gratuitéit vun „Chèque Service" net méi appliziéiert an d'Eltere mussen de gesamte Betrag vun de Käschte fir d'Betreiung vun hire Kanner droen.

D'Gratuitéit gëllt fir Kanner ab dem 1. Spillschoul, just wärend de Schoulwoche vu 07:00 bis 19:00 Auer (och d'Moolzechten mëttes si gratis).

**Wéini ass d'Offer net gratis?**

- Bei der Betreiung fir Kanner am Précoce
- Fir d'Betreiung viru 7 Auer an no 19 Auer
- Wärend de Vakanzen (oppassen: hei ass d'Participatioun net méi gedeckelt!). Déi finanziell Bedeelegung vun den Eltere riicht sech dann nom Barème vum Cheque-Service (CSA).

**FR** Pour profiter de la gratuité de cette offre, il est indispensable d'adhérer au système du chèque-service. Les contrats d'adhésion sont à demander respectivement à renouveler chaque année au bureau de la population de la commune ! Faute de renouvellement de la carte, le bénéfice du CSA n'est plus attribué et l'entièreté du coût de l'accueil de l'enfant est alors à la charge des parents.

La gratuité est valable pour les enfants à partir du cycle 1.1 (Spillschoul), uniquement pendant les semaines d'école de 7 à 19 heures (les repas à midi sont aussi gratuits).

**Dans quels cas l'offre n'est pas gratuite ?**

- Pour les enfants qui fréquentent l'éducation précoce
- La prise en charge avant 7 et après 19 heures
- Pendant les vacances scolaires (Attention : la participation n'est plus plafonnée). Dans ces cas, le barème du CSA s'applique.

**Pièces à produire lors de l'établissement du contrat chèque service et lors du renouvellement :**

- **Le bulletin d'impôt sur le revenu le plus récent**
- **Au cas où vous ne pouvez pas produire le bulletin de l'impôt, vous devez produire un certificat de revenu récent établi par l'administration des contributions directes**
- **Au cas où vous n'êtes pas imposable par voie d'assiette, vous devez produire, toute autre preuve établissant la situation de revenu de votre ménage (certificat annuel de salaire, pension, chômage ou CCSS)**

# Interview – Marco Versall

Ech erwaarde mir eng gutt Zesummenaarbecht mat all de Leit mat deenen ech ze di kréien, well nëmmen esou kann ee weider kommen



GEMENG

R.R. Kanns du dech kuerz virstellen (Alter, vu wou, ...) a kanns du eis kuerz deng Ausbildung (Qualifikatioun) an däi professionelle Parcours beschreiwen, éiers du hei op d'Gemeng Useldeng schaffe komm bass? Wat sinn/wäerten deng Aufgabe bei eis op der Gemeng sinn?

M.V. Ech sinn an der Stad Lëtzebuerg gebuer, hunn 51 Joer a wunnen zu Junglënster. 1991 hunn ech mäin Diplom vun der 13e Commerce et Gestion zu Iechternach am Lycée kritt. Meng beruflech Karriär huet dunn och ugefaangen an ech hu bis 1997 op 3 verschiddene Banke ganz vill Erfarung konnte sammelen. Vum Dezember 1997 un sinn ech dunn als Redakter op d'Gemeng Mamer schaffe gaangen, wou ech 15 Joer am État civil geschafft hunn, ier et ab 2013 op d'Gemeng Junglënster goung an do bis 2016 Redakter am Sekretariat a vun 2016 un d'Funktioun vum Gemengesekretär iwwerholl hunn.

Déi wichteg an awer och ganz interessant Aarbecht vum Gemengesekretär hunn ech dann och ab dem 1. November hei zu Useldeng iwwerholl.

R.R. Firwat wolls du gären hei op der Gemeng schaffen? Wat erwaarts du dir bei dengen zukünftegen Aufgaben?

M.V. No 2 grousse Gemenge wollt ech den Alldag vun enger méi klenger ländlecher Gemeng erliewen. Dat ass sécherlech eppes komplett Verschiddenes, och wann de Contenu vun den Aarbechten als Sekretär identesch bleift. Ech erwaarde mir eng gutt Zesummenaarbecht mat all de Leit mat deenen ech ze di kréien, well nëmmen esou kann ee weider kommen.

R.R. Wat sinn déi besonnesch Erausfuerderungen, déi op dech duerkomme bei denger Aarbecht fir d'Gemeng Useldeng?

M.V. Wéi virdru geschriwwen ass fir mech d'Zesummenaarbecht an de géigesäitege Respekt mat dem Personal an de politesche Verantwortlechen aus der Gemeng den A an O, well da packe mer sécherlech all Erausfuerderungen, déi op eis duerkommen.

R.R. Wat méchs du an denger Fräizäit? Wat sinn deng Hobbyen?

M.V. A menger Fräizäit entspanen ech gären, liese vill a sinn dobaussen an der Natur. Niewebäi reesen ech gären, fir déi vill schéi Plazen op der Welt ze entdecken a Verbindung mat deene verschiddene kulinaresche Spezialitéiten.

Dofir si se doheem och frou, datt ech méi wéi dréchen Nuddele ka kachen.

# Interview – Sarah Kemp

Ech erwaarde mir u mengen neien Aufgabe weider ze wuessen ...





**R.R.** Kanns du dech kuerz virstellen (Alter, vu wou, ...) a kanns du eis kuerz deng Ausbildung (Qualifikatioun) an däi professionelle Parcours beschreiwen, éiers du hei op d'Gemeng Useldeng schaffe komm bass? Wat sinn/wäerten deng Aufgabe bei eis op der Gemeng sinn?

**S.K.** Mäin Numm ass Kemp Sarah. Ech sinn 30 Joer jonk a wunne gemeinsam mat mengem Mann an eise 2 Kanner zu Viichten.

Mäin Diplom hunn ech als Auxilaire de Vie gemaach. Ier ech an d'Maison Relais „Bei de Fliedermais" schaffe komm sinn, hunn ech an engem Internat geschafft fir Kanner vum Cycle 2 bis 4.

Hei zu Useldeng an der Maison Relais wäert et meng Aufgab sinn, d'Kanner ze betreien an ze begleeden an hirem Alldag. Dat kann z.B. wärend dem Mëttegiessen, den Hausaufgaben oder Aktivitéite sinn. Ausserdeem wäert ech probéiere mat der Ekipp zesummen ee Maximum u flotte Momenter mat de Kanner ze hunn.

**R.R.** Firwat wolls du gären hei op der Gemeng schaffen? Wat erwaarts du dir bei dengen zukünftegen Aufgaben?

**S.K.** Ech hu fir mech perséinlech eng nei Erausfuerderung gesicht a ganz per Zoufall dëse Poste gesinn. Doduerch dass meng Aufgaben an der Maison Relais anescht sinn an et fir mech just ee Kazesprong weit ewech ass, hunn ech mech fir dësen Job gemellt.

Ech erwaarde mir u mengen neien Aufgabe weider ze wuessen, weider Erfarung ze sammelen a meng jëtzeg scho kënne mat anzebannen.

**R.R.** Wat sinn déi besonnesch Erausfuerderungen, déi op dech duerkomme bei denger Aarbecht fir d'Gemeng Useldeng?

**S.K.** D'Aarbecht am Internat war eng aner, doduerch dass mir de kompletten Alldag mat de Kanner gemeeschtert hunn. Hei sinn et virun allem ëmmer erëm kuerz Zäitofstänn, esou dass et méi schwiereg ass, d'Kanner besser kennen ze leieren. Dëst wäert also meng Erausfuerderung sinn, fir meng Aarbecht beschtméiglechst unzepassen un hir Besoinen.

Doduerch awer dass ech super am neien Team opgeholl gi sinn, ass et mir einfach gefall mech op meng nei Aufgaben anzeloossen.

**R.R.** Wat méchs du an denger Fräizäit? Wat sinn deng Hobbyen?

**S.K.** Meng Fräizait verbrengen ech am léifste mat menger Famill a menge Frënn, fir déi ech leidenschaftlech gär kachen a baken an daat virun allem fir d'Chrëschtzäit.

Eng vu menge gréisste Leidenschafte si Reesen, déi mir als Famill gär notzen, fir vill Neies vun der Welt ze gesinn. Dat ka ganz no oder wäit eweg sinn, Haaptsaach mir si vill dobaussen ënnerwee.

# E puer Andreck vun eise Chantieren

GEMENG

**Neit Schoulgebai**










© www.rhaw.lu




© www.rhaw.lu


© www.rhaw.lu


© www.rhaw.lu


© www.rhaw.lu

**Online-Raideren**









An all Duerf vun eiser Gemeng sinn d'Raideren duerch Online-Raideren ersat ginn.

Op dëse Bornë fann dir net nëmmen eise Raider mee och, Informatiounen zum ëffentlech Transport, Manifestatiounen an eiser Gemeng, Wanderweeër, RTL-Informatiounen a villes méi.

**Verbindungswee Useldeng-Schandel**



# Maison Relais bei de Fliedermais
# Summeraktivitéiten 2023



### Mais-Labyrinth

Mir hunn och nach déi lescht Deeg vum gudde Wieder profitéiert, andeems mir ee klengen Ausfluch an d'Mais-Labyrinth gemaach hunn.





### Bananne-Smoothie mam Gianna

Bei däser Aktivitéit hu mir selwer Smoothie gemaach, dee mir eis duerno och gutt schmaache gelooss hunn.







### Atelier mat Hierschtblieder

Den Hierscht huet ugefangen. Zesumme mat de Kanner si mir Blieder oprafe gaangen, déi mir dunn dréchne gelooss hunn.

GEMENG







### Dekoratioun fir eis Maison Relais

D'Entréesdier hunn d'Kanner mat Fliedermais sou wéi Begréissungen an alle Sprooche bemoolt. Soumat krut deen neien Deel vun der Maison Relais ee perséinlechen Touch.



An engem aneren Atelier hunn d'Kanner d'Fënsteren och fir den Hierschtstart bemoolt an dekoréiert.







### Kürbissen

Hei si mir Kürbissen op ee Bauerenhaff siche gaangen, fir eis Maison Relais ze dekoréieren an eng lecker Zopp ze kachen.

Fotoen &Text: Angie & Kim

# Mobilitéitswochen 2023: Vëlostour an eiser Gemeng





Och dëst Joer war eis Gemeng beim Tour du Duerf mat derbäi. D'Zil vun dëser Campagne ass et, fir d'Bierger op de Vëlo ze kréien an tëscht dem 10. an dem 30. September vill Kilometer ze sammelen.

An deem Sënn, huet eis Gemeng sonndes, de 24. Oktober zesumme mam Syndikat Kanton Réiden ee Vëlosmoien fir eis Bierger organiséiert. 30 Vëlosfuerer waren um Depart, dorënner och eng Rei Kanner. D'Famillje sinn de méi klengen Tour vun 13 km gefuer, an déi grouss en Tour vun 28 km iwwert de Préizerdaul, Osper, Réiden, Nidderpallen, Schweech, Rippweiler a Schweebech.

No ufänglechem niwwelegem Hierschtwieder ass d'Sonn ëmmer méi eraus komm a bei der Arrivée géint Mëtteg, wor T-Shirtswieder! D'Gemeng huet uschléissend ee Patt an der Buvette offréiert.

Mir bedanken eis bei alle Vëlosfuerer, déi dëst Joer matgefuer sinn an esou Kilometer fir eis Gemeng gesammelt hunn. Mir freeën eis Iech d'nächst Joer rëm derbäi ze hunn a wënschen Iech an Ärem Vëlo vill flott gemeinsam Momenter bis dohinner!






# Tour du Duerf 2023



| | | | | | |
|---|---|---|---|---|---|
| 1. | Grosbous-Wahl im Kanton Redange | 19.018 | 454 | 6,9 | 8,56 |
| 3. | Useldange im Kanton Redange | 8.271 | 209 | 0,0 | 3,99 |
| 4. | Ell im Kanton Redange | 4.281 | 167 | 3,0 | 2,71 |
| 2. | Rambrouch im Kanton Redange | 9.427 | 294 | 0,0 | 1,95 |
| 7. | Préizerdaul im Kanton Redange | 1.966 | 60 | 0,0 | 1,08 |
| 8. | Saeul im Kanton Redange | 834 | 28 | 0,0 | 0,85 |
| 5. | Redange-sur-Attert im Kanton Redange | 2.499 | 68 | 0,0 | 0,82 |
| 6. | Beckerich im Kanton Redange | 2.065 | 60 | 0,0 | 0,72 |
| 9. | Vichten im Kanton Redange | 0 | 0 | 0,0 | 0,00 |

29 Vëlosfuerer aus eiser Gemeng hu bei der Campagne Tour du Duerf matgemaach. Si waren an 3 Teams opgespléckt an sinn an den 3 Wochen 8.271 km gefuer. Am nationale Klassement leie mir domadder op 9. Plaz (vun insgesamt 64 Gemengen aus dem Land).

Wa mer d'Kilometer pro Awunner kucken, da packt eis Gemeng et mat 3,99 km/Awunner op déi 2. Plaz am Kanton an op déi 4. Plaz landeswäit.

Am kantonale Klassement vun den Ekippe mat de meeschte Kilometer pro Vëlosfuerer (min. 5), gewënnt dann och eng Ekipp aus eiser Gemeng déi 1. Plaz. D'Bike4Biergriders sinn insgesamt 7.132 km gefuer an dat si 713 km pro Vëlosfuerer. Als Gemeng si mir ganz houfreg esou motivéiert Vëlosfuerer an eiser Gemeng wunnen ze hunn a mir soen hinnen ee ganz grousse Merci fir hiren Asaz.

Merci Josée, Jeanny, Josiane, Christian, Mario, Romy, Fernand, Christian, Patrick a Raoul!

Et ass och ee Vëlosfuerer aus eiser Gemeng, deen déi meeschte Kilometer am Kanton wärend dëser Campagne gefuer ass. De Patrick Koster ass ganzer 2.132 km gefuer, dat ass eng fantastesch Leeschtung a mir felicitéieren och him heifir. *Bravo Patrick!*




DUERFLIEWEN

# Senioreforum



Den 12. Oktober huet den Useldenger Senioreforum d'Bewunner vun der Maison de Retraite Saint-François vu Réiden aus der Gemeng Useldeng agelueden, fir mat de Seniore vum Useldenger Senioreforum un engem gemeinsame Mëttegiessen an engem gemittlechen Nomëtteg deelzehuelen.

D'Bewunner hu sech immens gefreet a si all hu gemeinsam ee flotte Moment verbruecht.

Text & Photo: Pierre Da Silva

# APECU, association des parents d'élèves de la commune d'Useldange.



Sou wéi déi Jore virdrun, konnt d'APECU och am leschte Schouljoer eng Rei Aktivitéiten den Useldenger Schoulkanner ubidden.

Ugefaangen hu mer mat enger Aktivitéit vu „Bee Secure", déi mat de Kanner iwwert d'Mediennotzung geschwat hunn, dat war fir d'Kanner ab dem Cycle 3. Eise Stand um Chrëschtmaart hate mir bëssen iwwerduecht, fir de Kanner e puer schéi Momenter op der Buerg ze erméiglechen. Si konnte bei eis um Stand Liefkuch dekoréieren an um Glécksrad dréinen.

Op der Porte Ouverte vun der Schoul huet d'APECU dofir gesuergt dass d'Kanner, d'Elteren an d'Léierpersonal den Owend bei engem Patt, engem Bréitchen an engem Stéck Kuch ausklénge konnte loossen.

Déi Eelst vun eise Schoulkanner kruten, wéi och déi Jore virdrun, ee Kaddo fir hire Schoulofschloss: een T-Shirt, dee si konnte matgestalten, bedréckt mat hirem Numm an enger Foto. Domadder hu si eng Erënnerung un hir Grondschoulzäit, éier si an déi nei Etapp starten.

Zum Schluss vum Schouljoer hu Grouss a Kleng nach zweemol beim Pavillon nieft der Spillplaz gefeiert: eemol um Afterwork den 8.5. an eemol nom Schoulfest de 14.7.

Merci dem Léierpersonal, den Elteren an de Kanner, déi un den Aktivitéiten Deel geholl hunn.

Een Thema, dat eis iwwert d'ganzt Joer begleet huet, war d'Situatioun an deenen 2 Schoulbusser. Nodeems ëmmer méi Leit eis dorobber ugeschwat hunn, hu mir bei allen Elteren nogefrot. Déi Temoignagen, déi mir kruten, hu gewisen: do muss sech eppes änneren. Nodeems mer a ville Gemenge ronderëm nogefrot hunn, wéi si deen aktuelle Problem uginn hu mir Léisungsvirschléi ausgeschafft a sinn domadder an de Schäfferot gaangen.

Mir sinn immens dankbar, dass mer do oppen Ouere geschenkt kruten an d'Gemeng bereet war, Zäit a Suen ze investéieren, fir d'Situatioun fir dat neit Schouljoer ze verbesseren.







- Ufank 2024: Science-Bus fir d'Schoulkanner
- 08.05.2024: Afterwork
- Enn vum Schouljoer: Schoulfest

D'APECU ass ëmmer op der Sich no neie Comitésmemberen a Leit déi, vun Zäit zu Zäit, bereet sinn eng Hand unzepaken.

Dir sidd interesséiert? Zéckt net a kontaktéiert eis per Email (apecu@useldeng.lu) oder iwwer eis Facebooksäit „Apecu Useldeng".

# Gemeinsame Jugendcamp vun de Bauschelter, Rammerecher an Useldenger Jugendpompjeeën

Egal wéi vill Jugendcampen ee matméch, si hunn alleguerte gemeinsam, dass ni ee wéi deen aneren ass an een all Joers eppes Neies erwaart. Nei war engersäits, dass mir de Camp zesumme mat de Kolleege vun de Rammerecher an de Bauschelter Jugendpompjeeën ofgehalen hunn. Bedéngt doduerch, dass eng ronn 50 Jugendlecher an hir Betreier op deene 4 Deeg vum 24. bis de 27. Juli um Camp deelgeholl hunn, huet missen eng gréisser Campplaz fonnt ginn, fir jiddwereen ënnerzebréngen. Mat der Wiss an der Schandelerstrooss zwëschen dem Pompjeesbau an der Primärschoul hunn déi 9 Iwwernuechtungs- a Logistikzelter eng passend Plaz fonnt an d'Buvette an d'Vestiairë vun der Sportshal goufen eis vun der Gemeng zur Verfügung gestallt, fir déi néideg Sanitär- a Ravitaillementstrukturen ze garantéieren.

Méindes, de 24. Juli gouf de Camp dunn offiziell opgemaach am Kader vun enger klenger Eréffnungsfeier, déi allerdéngs wiederbedéngt zimmlech kuerz gehale gouf. Nomëttes goung et dorëms fir d'Campplaz ze verschéineren a méi gemittlech ze gestalten, wou jiddwer Jugendpompjee sech en innovative Liegestull zesummeschräinere konnt. Owes stoung mat der Fuussejuegd déi éischten Nuetsaktivitéit um Programm, wou déi verschidde Gruppen eng Rei vu flénken an zoufällegerweis zimmlëch uertskënnegen Fiiss hu misse fänken. Duerch déi gutt Zesummenaarbecht tëschent den eenzele Gruppen ass schlussendlech all Fuuss gefaange ginn a jiddweree konnt déi wuelverdéngten Nuetsrou genéissen…

… bis deen anere Moien an der Fréi jiddereen aus sengem Schlof(-sak) gerappt gouf, well den 2. Dag war Timing den A an den O an et goung och drëms, fir scho moies wuertwiertlech net den Zuch ze verpassen. Op der Dagesuerdnung stoung nämlech den „Öffi-Rallye“, wou d'Jugendpompjeeën mam ëffentlechen Transportmëttel de Wee op déi jeeweileg Statioune vum Rallye hu missen zeréckleeën. Als Statiounen hu si d'Asazzentre vun der Nordstad zu Ettelbréck, vun der Stad Lëtzebuerg am CNIS zu Gaasperech an den Zentren de Soutien Logistik zu Lëntge besicht, wou si en Abléck an déi gréisser Asazzentren aus dem Land kruten an och e wéineg fräi Hand haten, fir eng Rei Aufgaben ze bewältegen.




Den drëtten Dag stoung ganz am Zeeche vun enger Spillerolympiad, déi souwuel moies, wéi och mëttes iwwer Flouer a Bann vun Useldeng gefouert hunn. Hei hunn déi eenzel Ekippen hiert Wëssen, hir Geschécklechkeet an hir Koordinatioun missen ënner Beweis stellen. De leschten Owend huet eng legendär Ofschlossdisco net dierfen um Programm feelen, vun der aus onerklärleche Grënn nach ëmmer keng Photoen oder weider Detailer opgetaucht sinn.

Um leschten Dag duerft jiddwereen e wéineg méi laang schlofen, allerdéngs och net all ze laang. Lues awer sécher goung drëms all d'Saachen zesummenzerafen an d'Campplaz nees ofzebriechen. Fir d'Mëttegstonn koumen nieft den Elteren och déi politesch an d'Pompjees-Responsabel op eng kleng (wéinst dem Wieder schnell am Pompjeesbau improviséierten) Ofschlossfeier, wou d'Jugendpompjeeën d'Aktivitéiten an hir Erliefnisser vun deene véier Deeg presentéiert hunn, éier et no engem Maufel vum Grill nees

heem goung, fir sech vun den ustrengenden Deeg nees e wéineg ze erhuelen.

Zesummefaassend war och dëse Jugendcamp nees gutt gefëllt mat ville flotte Momenter gespéckt mat enger Rei vun Iwwerraschungen, wou nieft dem launesche Wiedergott virun allem eng flott nei Campplaz an eng Rei vun neie Bekanntschaften a Frëndschafte mat den anere Jugendsektiounen entstane sinn.

Text: Christophe Theiß



# Familjefest vun den Useldenger Pompjeesfrënn vum 9. Juli

Sonndes, den 9. Juli hunn d'Useldenger Pompjeesfrënn all hier Memberen op e Familjefest beim Pavillon vum Fussballsterrain invitéiert. An enger gemittlecher Ronn konnt sech jiddwereen de Pulled Pork Buffet mat de ville Beilagen gutt schmaache loossen.

Den traditionellen Challenge zwëschen deene groussen an de klenge Pompjeeën, bei deem et drëms geet bei witzegen Aufgaben d'Jury ze iwwerzeegen, wien déi besser Equipe ass, ass leider wuertwiertlech an d'Waasser gefall, well déi operationell Pompjeeë wéinst dem massive Reen an den Asaz geruff gi sinn.

Mee d'Spiller wäerte sécherlech bei der nächster Editioun vum Familljefest fir vill Spaass a Furri suergen!

Text: Christophe Theiß




# Trapelaf Bad Wildbad

De 16.06.2023 hunn d'Useldenger Pompjeeë mat 6 Mann un de 15. „Bad Wildbader Stäffeleslauf" deelgeholl. Bad Wildbad am Schwarzwald huet déi längst Trap vun Däitschland mat 1.987 Trëtt, 291 Héichtemeter a bis zu 52% Steigung.(Vergläich: Empire-State-Building 1.576 Trëtt).

A voller Pompjeesschutzkleedung an Otemschutzgerät um Réck ass et freides owes vun 18 Auer un eropgaangen.

Mat eisem 2. Trapelaf fir dëst Joer, konnt de Remy Harpes vu Rippweiler ganz stolz, mat enger Zäit vu 15 Minutten an 53 Sekonnen déi 1. Plaz an der Pompjeeswäertung mat heem huelen. Säi schéine Pokal kënnt dir am Pompjeesbau bewonneren. Weider nach eng 1., 2. an 3. Plaz an hiren Alterskategorië fir de Martin Loos (>60), Claude Kaufmann (>50) a Christophe Hoffmann (>40). Bravo!

Den nächsten Dag hu mir d'Géigend vu Bad Wildbad mat ënner anerem der "Hängebrücke Wildline" an dem „Baumwipfelpfad" entdeckt. Virun der Heemrees hu mir eis nach an de "Stadtthermen" gutt erholl.

Bad Wildbad steet fir 2024 bestëmmt erëm um Programm.

Text: Max Koster




VERÄINSLIEWEN

# Schanzenlauf Oberstdorf

Samschdes, den 21.10.2023 hu 4 vun eise Pompjeeën um Schanzenlauf zu Oberstdorf deelgeholl, do ass et 1.040 Träppleker an 162 Héichtemeter laanscht Skiflugschanze eropgaangen.

Gelaf gouf am Binôme, a voller Pompjeesmontur mat ugeschlossenem Otemschutz, wéi dat bei dëse Pompjeeskompetitiounen üblech ass.

An der Kategorie "Alte Knacker" (Ekippenalter iwwer 100 Joer), hunn de Martin Loos an de Christophe Hoffmann déi 1. Plaz konnte fir sech entscheede mat enger Zäit vu 15 min 32. An der Kategorie "Mannsbilder" (Ekippenalter iwwert 80 Joer) hunn de Christophe Theiß an de Claude Kaufmann déi 12. Plaz gemaach mat enger Zäit vu 16 min 01.

Des fantastesch Resultater hunn natierlech och misse gefeiert ginn, dëst mat deem engen oder anere Patt an engem leckeren Iessen zu Oberstdorf. Den Dag drop hu mir nach vun der schéiner Géigend profitéiert, fir an d'Bierger wanderen ze goen an eis kulinaresch verwinnen ze loossen. Méindes ware mer nach „Breitachklamm" visitéieren, ier mer uschléissend d'Heemrees ugetrueden hunn.




Text: Max Koster

# 140 Leefer beim Pompjeescross am Préizerdaul um Start

Zesumme mat der Commisssion Sportive vum Lëtzebuerger Pompjeesverband an der Amicale Pompjeeën Préizerdaul war de Pompjeescross am Préizerdaul e groussen Erfolleg.

Ronn 140 Leefer hunn Strecke vu 400- 800 an 1600 Meter ronderëm de Site vun der Fabrik zu Platen absolvéiert.

Och fir de Sportminister Goerges Engel war et eng Éier beim Start derbäi ze sinn an sech ee positiven Abléck vun engem schéinen Dag mat sportlechem Charakter ze verschafen.





Fotoen & Text: Charles Reiser

# Club des Jeunes Useldeng

## Intern Aktivitéiten:

### Ausfluch an Holland

Am August si mir fir 4 Deeg zesummen an Holland an d'Vakanz gefuer. Am Zenterpark Eemhof hu mir un Aktivitéite wéi Rafting, Bowling, Lasergame a Paintball deelgeholl, vun hirer Schwemm profitéiert an owes zesumme gekacht an och den een oder anere Patt zesumme gedronk. De ganze Samschden hu mir zu Amsterdam verbruecht, wou mir an den Heinecken Musee ware wéi och einfach d'Stad an d'Pride kucken. Um Heemwee hu mir nach e klengen Ofstiecher zu Roermond am Shopping Zenter gemaach.








### Fouer

Traditionell wéi all Joer si mir och 2023 zesumme mam Bus an d'Stat op d'Fouer gefuer. Hei hu mir dunn e Maufel am „Kessel" gies an duerno si mir zesummen iwwert d'Kiermes gaangen, fir op Spiller an duerno och an de Stall feieren ze goen.

### Beerpongtournoi

Wann d'Schoul erëm ufänkt an d'Leit aus de Vakanze kommen ass et am einfachsten eis Memberen erëm ze versammelen. Fir de Summer ofzeschléissen, hu mir Enn September ee Beerpongtournoi fir eis Memberen am Clubsall organiséiert. Eis Spiller sinn an ausgelousten Teams géinteneen ugetrueden an hunn ëm eise gëllene Pokal gespillt.



### Nëssmaart

Och um Nëssmaart war de Club des Jeunes Useldeng mat engem Bus vertrueden. Fir dass jidderee sécher heem kennt hu mir no der „journée commémorative“ zu Useldeng zesummen de Bus am Millenhaff geholl a sinn op Veianen gefuer. Tëschent sämtlechen Nëssdröppen, Nësscrèmen an Nësslikören hu mir e flotten Dag zu Veianen verbruecht. Ofschléissend ware mir owes nach zesummen op de Wier zu Useldeng iessen.



# Vergangen Events:

### Kleedersammlung 23. September 2023

Och dëst Joer am September war de Club des Jeunes Useldeng aktiv un der traditioneller Kleedersammlung bedeelegt, déi vu Kolping Luxembourg a.s.b.l & CIRP organiséiert gëtt. Sou hu mir d'Woch virdrun an der ganzer Gemeng giel Tute verdeelt, fir dass d'Awunner vun der Gemeng se mat ale Kleeder a Schong konnte fëllen. De ganze Samschdeg Moie ware mir dann ënnerwee, fir déi Kleeder anzesammelen an op Ettelbréck bei Kolping Luxembourg asbl ze féieren, wou d'Kleeder gespent ginn. Den Dag hu mir mat engem gudden Iessen a mat engem Patt am Café um Wier ofgeschloss.





### Walapéro

Wéi d'ganzt Land natierlech wousst, waren den 8. Oktober Walen. Fir dass d'Wieler net hongereg an duuschtereg missten heem goen, hu mir vu 07:45 Auer un am Millenhaff Kuch a Kaffi verkaaft. Sou konnten d'Wieler bei engem waarme Kaffi oder och engem klengen Apero nach nom Kräizer-molen puer flott Stonnen zesumme verbréngen. Fir d'Waarden op d'Walresultater ze verkierzen, waren eis Memberen duerno nach Beachvolleyball op den Terrain zu Useldeng spillen.

### Wéi kann een dem Club des Jeunes Useldeng bäitrieden?

Du bass aus der Gemeng Useldeng, hues mindestens 15 Joer, Loscht bei eisen Aktivitéiten am Duerf matzemaachen oder mat eis op aneren Aktivitéite Spaass ze hunn? Da bass du bei eis genau richteg. Fir Member ze ginn oder bei weidere Froen, kanns du dech gäre bei eis mellen.

### Wou kann een eis kontaktéieren?

- Facebook: Club des Jeunes Useldeng
- Instagram: cdj.useldeng
- Mail: cdjuseldeng@gmail.com

VERÄINSLIEWEN

# Flashmob 16.09.2023



No 3 Joer waarden, war et de 16. September 2023 souwäit an d'Harmonie Useldeng konnt endlech de Flashmob nohuelen, dee fir den 125. Anniversaire 2020 geplangt war.



Um 17.00 Auer ass et zu Useldeng lass gaangen. D'Jugend vun der Harmonie Useldeng huet zesumme mat hirer Dirigentin Karin Pick um Fussballsterrain ugefaangen den „hey brother" vun Avicii ze spillen. Parallel dozou hu 5 Museksgruppen, zesumme gesat aus 15 verschidde Museksveräiner, noeneen an all Agang vun Useldeng ugefaangen dat selwecht Musekssteck ze spillen. Am Cortège sinn déi 5 Museksgruppen dann no an no um Fussballsterrain zur Jugend dobäi gestouss, wou den Dirigent Paul Fox d'Direktioun dunn iwwerholl huet.

Et war immens beandrockend ze gesinn, wéi sou vill Musikanten noeneen um Terrain ukoumen.



Zum Schluss waren iwwer 200 Musikanten zesumme versammelt an hu sech op eng um Terrain virgezeechent Buergform opgestallt, déi de Romain Kleer fir souvill Leit ausgerechent hat.

VERÄINSLIEWEN

Opgestallt als Buerg gouf dunn nom „hey brother“ na „Viva la Vida“ vu Coldplay, un der Atert an den Happy Birthday gespillt. Nieft deene ville Musikanten, haten awer och vill Zuschauer de Wee op de Fussballsterrain fonnt, fir deen Event net ze verpassen.

Fir den Télévie war d’Madamm Diane Wunsch op der Plaz an hat e puer Wierder un d’Harmonie Useldeng geriicht, dass si sech gefreet huet bei esou engem flotte Spektakel kënnen dobäi ze sinn an en Deel vun der Recette vum Flashmob als Don vun der Harmonie Useldeng ze kréien.

De President Georges Boudler huet fir dëse besonneschen Event um Terrain ofzeschléissen och nach e puer Wierder un déi vill Musikanten an Zuschauer geriicht. Hie war immens frou, dass seng Idee vum Anniversaire schlussendlech 2023 duerchgefouert konnt ginn.

No deem offiziellen Deel um Fussballsterrain sollt awer nach net Schluss sinn. Déi 5 Museksgruppe sinn noeneen am Cortège zréck an den Duerfkär gaangen, wou dunn hannert der Hal um Hondsterrain ee risegt Zelt stoung, wou et du mat engem Zeltfest weider goung.

Mat der Northern Big Band goung um 19.00 Auer Zeltfest richteg lass an haten ee super Concert mat deels Gesang gespillt.

Duerno war et mat Crazy Cube weider gaangen. Och do war duerch dee flotte Concert weiderhin eng gutt Stëmmung.

Fir den Ofschloss koum um 22.45 Auer dunn d’Rythm Band, déi mat 2 Sängerinnen nach eemol richteg Gas ginn hunn, fir de Flashmob-Dag ofzeschléissen.

Text: Karin Pick





# Den Useldenger Football an der Saison 23-24




Den Useldenger Football ass mat enger Rekordzuel vun Ekippen an déi nei Saison gestart. Mir sinn ausser de Seniors 1 an 2 mat Jugendekippe vun alle Kategorien am Championnat vertrueden a bidde Bambinis, Pupilles, Poussins, Minimes, Scolaires, Cadets, Fillettes a Jeunes Filles un. Vun dësen 10 Kategorië spillen der 9 hir Heemmatcher zu Useldeng, just d'Scolaires spillen an der Entente Brouch/Useldeng hir Matcher zu Brouch. Donieft funktionéiert jo och nach ëmmer eis Härenekipp, déi méindes owes hir Matcher spillt.



**Seniors**

Eis éischt Ekipp, ënnert der Leedung vum Paul Hunnewald, huet e gudde Start an déi nei Saison higeluecht. Beim Schreiwe vun dësem Artikel waren 9 Matcher gespillt a mir stounge mat 19 Punkten (6 gewonn, 1 Gläichspill, 2 verluer) op der 3. Platz vum Klassement. An der Coupe FLF hu mir eis an der 1. Ronn an engem spektakuläre Match zu Sandweiler (och 1. Divisioun mee anere Bezierk) mat 5-4 no Verlängerung duerchgesat, dëse Weekend si mir leider zu Schengen mat 2-1 ausgescheet. An der Coupe de Luxembourg sinn eis Jonge leider géint den BGL League Vertrieder FC MONNERICH ausgescheet, dat awer no enger gudder Leeschtung a viru ronn 200 Zuschauer hu mir 1-3 verluer. Et gëtt eng spannend Saison fir eis éischt Ekipp, déi menger Meenung no kee Géigner brauch ze fäerten.

Eis zweet Ekipp, déi nom Ofgang vum Lorenzo de Carolis säit dëser Saison mam Albert Ramdedovic en neie Respon-





sabelen huet, ass och gutt ënnerwee a steet aktuell, zesumme mat Gilsdorf, op der éischter Platz. No 6 Matcher hu si 13 Punkten (4 gewonn, 1 Gläichspill an 1 Nidderlag). Nodeems si an de leschte Joren den Opstig ëmmer knapp verpasst hunn, huelen si elo en neien Ulaf.

**Jugendkategorien**

An eise Jugendkategorië spillen zu Useldeng aktuell mat de Bambinis, Pupilles, Poussins, Minimes, Cadets a Jeunes Filles 6 Ekippen. An der Réckronn wäerten nach eng Fillettes-Ekipp bäikommen. D'Entwécklung an der Jugendekipp geet virun, d'Resultater ginn an de meeschte Kategorië besser, et ass weiderhi Gedold gefrot, d'Unzuel u Jugendspiller geet weider an d'Luucht virun allem duerch de Fait, dass mir säit dëser Saison och Meederchersekippen um Start hunn.

Ugefaangen huet dat Ganzt mat enger Idee vun eisem Jugendkoordinator David de Bruyn. An alle Jugendkategorien hate mir och kleng Meedercher dobäi, a well déi an hire Jugendkategorië méi laang kennen zesummespille wéi d'Jongen (Fillettes vu 6-10 a Jeunes Filles vun 10-14 Joer) louch et op der Hand, dass mir eise Jonge méi Plazen an hire Kategorië loosse kéinten an eis Meedercher sech méi wuel fillen, wa si ënner sech hirer Passioun kéinten nogoen. Ugefaangen huet dat Ganzt mat engem Schnupperdag fir Meedercher, deen e vollen Erfolleg war. Doropshin hu mir decidéiert, dass mir eng Jeunes Filles an der Kategorie 10-14 Joer géifen umellen. Dass dat Ganzt awer sou ee Succès géif ginn, dass mir bannent nëmmen 2 Méint eng 37 Meedercher um Terrain lafen haten, hätte mir nit geduecht. Ab Januar spillt dann eng weider Ekipp an der Kategorie Fillettes, dat sinn déi Jonk vu 7-10 Joer.

Trainéiert gi si säit September vum Kristina Stevanovic a Cedric De Sousa. Eng kleng Fotogalerie weist iech wéi vill Spaass d'Meedercher um Terrain hunn. Si spille sonndes mueres. Kommt si roueg emol ënnerstëtzen! Ze bemierken ass och nach, dass 3 vun eise Meedercher scho vun der FLF detektéiert goufen, a si schonn op Monnerech op den Nationaltraining invitéiert goufen.

**Fir eis Supporter**

Eisen treie Supporter deele mir mat, dass den Online Fanshop vum FC JEUNESSE USELDENG elo operationell ass. Dir kommt ganz einfach iwwer eisen Internetsite www.footballuseldeng.lu dohin. Op deem Site respektiv eiser Facebooksait fannt dir och weiderhin all aktuell Informatiounen iwwer eise Veräin.

Mir si permanent op der Sich no Fräiwëllegen, déi bereet sinn, eng Hand mat unzepaken. Mir wëllen nämlech bei all Matcher vu grouss bis kleng d'Buvette a Betrib hunn. Hei ginn ëmmer Leit gebraucht. Wann dir also bereet sidd, zéckt net iech bei eis ze mellen.

Et kënnt mir Enn Oktober zwar nach laang vir, trotzdeem wënsche mir iech dann elo scho schéi Feierdeeg an e gudde Rutsch an dat neit Joer.

Text: Claude Boudler

# Aktuelles vom Castleride-Treff!

Traditionell steht der Herbst für die Zeit der Randonnéen.

Wir waren hier aktiv bei den Randonnéen in Larochette, Nordstadt, Strassen und Troisvierges dabei. Natürlich haben wir auch schöne Touren von der Gemeinde Useldange aus unternommen.

Das Highlight war sicherlich die Einweihung des neuen Weges von Schandel nach Useldange, der es uns Mountainbikern erleichtert, die Strecken für unseren Castleride zu planen.

Vielen Dank an dieser Stelle an den Gemeinderat, dass die Umsetzung dieses Projektes doch jetzt recht zügig durchgeführt worden ist.

Leider ist in letzter Zeit das Interesse an der Teilnahme an unseren Touren gering. Deshalb hier noch mal mein Aufruf an die mittlerweile 33 Mitglieder unserer WhatsApp-Gruppe: Werdet mal wieder aktiv, wir freuen uns auf gemeinsame Touren und dem obligatorischen „Patt ze drénken" mit euch!

Wer Interesse am Castleride-Treff hat und ab und zu mal mitfahren möchte, kann sich gerne unserer WhatsApp Gruppe anschließen, indem er/sie eine E-Mail an thomas.volkening@education.lu sendet, mit Angabe der Telefonnummer. Wer jemand kennt, der bereits zur Gruppe gehört, kann sich natürlich auch an diese Person wenden, um neuer Teilnehmer/in vom Castleride-Treff zu werden.

Ich werde ihn/sie dann in unsere WhatsApp-Gruppe aufnehmen.

Über die WhatsApp-Gruppe bekommt man dann immer Information, wer wann eine Tour plant.





**VTT Castleride Randonnée 2024**

**Save the date: 30/06/2024!!!**

Schaut auch mal bei unserer homepage: www.castleride.lu vorbei, da gibt es immer wieder mal etwas Neues zum Stand der Dinge!

Text: Thomas Völkening

VERÄINSLIEWEN

# Ee groussen Apero-Tour





D'Schandeler Duerffrënn haten den 22. Oktober 2023 op en Apero-Tour invitéiert.

Et kann ee schonns bal vun enger flotter Traditioun schwätzen, wann et e puermol am Joer heescht, sech zu engem gemittlechen Tour op de Weeër an a ronderëm Schandel ze maachen. Et ass eng gutt Geleeënheet, fir op där enger Säit eis schéin Natur ze genéissen an op der anerer Säit Zäit fir e flott Gespréich mat deem engen oder aneren ze féieren.

Bei deene ganzen Apero-Toure gehéieren zwee wichteg Elementer ëmmer dozou: all Stéck Dreck, dat deen een oder aneren onmanéierleche Matbierger an der Natur entsuergt, opzerafen - an esou eigentlech eng permanent Fréijoersbotz ze maachen - an, den Numm seet et, gemeinsam den Apero ze drénken.

Den Tour vum 22. Oktober war dach e bëssche méi e speziellen. Et hate sech eppes méi wéi 30 Leit afonnt, fir dësen Tour matzegoen. Villäicht louch et dës Kéier einfach un der Streck, déi geplangt war. Dat naasst an ongemittlecht Wieder war kaum den unzéiende Grond.

Den Tour huet dës Kéier nämlech op de Verbindungswee Schandel-Useldeng gefouert, deen no ganz laangem Plangen elo endlech Realitéit ginn ass. All déi, déi matgaange sinn, konnte sech dovun iwwerzeegen, dass elo all Kand an all Erwuessenen de Wee vu Schandel bis op Useldeng ka goen, ouni mussen iwwer déi net ongeféierlech Haaptstrooss ze benotzen, wou déi allermannste mat de Vitesslimitten aus dem Code de la route vertraut sinn. Mat dem leschte Verbindungsstéck, dat nach gefeelt huet, ass et dann an Zukunft méiglech, dass d'Kanner (an déi Grouss) vu Schandel, bei e bëssche besserem Wieder wéi beim Tour, sécher mam Vëlo oder zu Fouss an d'Schoul kënne kommen.

A well d'Gemeng eis Veräiner ëmmer do ënnerstëtzt wou et méiglech ass, an déi flott Initiativ vun de Schandeler Duerffrënn begréisst huet, koum den Aperitif dann dës Kéier och vun der Gemeng. No enger kuerzer Usprooch vum Buergermeeschter Pollo Bodem - wou hien och op den Historique vun dësem Wee agaangen ass - war et dunn un der Zäit vum Apero a bei liichtem Reen ass et dunn zeréck op Schandel gaangen.

Text: Raoul Schaaf



VERÄINSLIEWEN

# Indiaca Nethoppers Useldeng





Eis nei Saison hu mer den 20. September mat engem éischten Training ugefaangen. Wéi déi lescht Joren, fënnt eisen Training mëttwochs owes vun 20 bis 22 Auer statt. Hei ass jidderee wëllkomm eise Sport och mol ausprobéieren ze kommen.

Mir spillen dës Saison nees Mixte-, Dammen- an Häre-Championnat an och Coupe mat. Lo ee kuerze Réckbléck op d'Resultater vun der letzter Saison:

**MIXTE-Championnat**

Mir hu mat villen neie Spiller un 3 Championnatsdeeg deelgeholl a vill flott a gutt Matcher gespillt. Mir konnte souguer staark Ekippen e bëssi un d'Wackele kréien… Nom leschte Spilldag schléisse mer d'Saison op der leschter Plaz of an hu vill Erfarunge gesammelt, soudatt an dëser Saison bestëmmt méi dran ass.

**HÄRE-Championnat**

No engem Forfait um 1. Spilldag hu mir vun der Federatioun den Accord kritt um 2. Spilldag ouni Wäertung matzespillen. Sou hat d'Ekipp d'Méiglechkeet weider Erfarungen ze sammelen.

**DAMME-Championnat**

Hei sinn 3 Championnatsdeeg gespillt ginn, woubäi dee leschte bei eis an der Hal zu Useldeng ausgedroe ginn ass. Mam Heemvirdeel hu mer eis géint Elwen/Klief kloer duerchgesat, Bettenduerf huet näischt ubrenne gelooss a mat Alzeng a Colmer hu mer d'Sätz gedeelt, soudatt mer um Enn vun der Saison eng 3. Plaz beluecht hunn.

**COUPE**

An der Coupe si mer mat den Hären auswäerts géint Colmer ugetrueden . Eis Hären hunn dem Géigner et guer net einfach gemaach, mee leider goung et net duer fir ze gewannen.

Am Juli si si dunn an der Coque am Match ëm déi 3. Plaz géint Alzeng ugetrueden. An engem ganz spannende Match hu si um Enn 3-2 verluer.

Eis Dammen hu sech géint Alzeng a Colmer duerchgesat a konnten dunn an der Coque d'Finall géint Bettenduerf spillen. Mir si frou de Bettenduerfer et an der Finall net liicht gemaach ze hunn a si stolz op eis 2. Plaz.

An der Mixte-Coupe hate mer an den ½-Finallen ee schwéiert Lous erwëscht a sinn dunn an der Coque am Match fir déi 3. Plaz géint Alzeng ugetrueden a konnten eis 3-0 duerchsetzen.

**Save the date:**

- 27. Januar 2024 Häre-Championnat zu Useldeng
- 15. Mäerz 2024 Just 4 Fun Useldeng
- 20. Abrëll 2024 Häre-Championnat zu Useldeng

# Swingin' Castle 2023



Wéi all Joer hat d'Northern Big Band erëm an de Centre Culturel op Useldeng fir de Swingin' Castle invitéiert an nieft eiser beschtbekannter Sängerin Christine Heitz als special guest" de bekannte Saxophonist Maxime Bender agelueden.

De Maxime Bender, am berufflleche Kontext als Direkter vum Trifolion bekannt, ass souwuel Saxophonist wéi och Komponist. Hien ass an der nationaler an europäescher Jazzzeen bekannt a bréngt et fäerdeg, nieft sengem Haaptberuff, weiderhi senger Passioun nozegoen a säi Publikum mat sengem onvergläichleche Sound a sengem Talent ze begeeschteren.

Déi Leit, déi de Wee de 4. November an de Centre Culturel fonnt haten, konnte sech vun deem Talent iwwerzeegen an den entspriechenden Applaus huet eis gewisen, dass dat, wat mer um Flyer ugekënnegt haten, zu 100% gestëmmt huet.

Wärend gutt zwou an eng hallef Stonn huet d'NBB dem interesséierte Publikum Big Band Jazz vum Feinste gebueden an déi zwee Solisten, eis Sängerin Christine Heitz wéi och de Maxime Bender, hunn de Publikum vun Nummer zu Nummer ëmmer erëm begeeschtert. An och d'NBB selwer huet gewisen, dass se an de leschte Joren eng ganz positiv Entwécklung gemaach huet. Ennert der Direktioun vum Bandleader Théid Pessers ass d'Stëmmung bei de Museker déi allerbescht, an dat mierkt een dann och um kompakte Sound, deen d'NBB an der Tëschenzäit huet.

Esou e Concert wéi de Swingin' Castle kéint een awer net an där Form organiséieren, wann een net vill hëllefend Hänn hätt. An déi koumen, wéi och schonns déi Jore virdrun, vum Club des Jeunes Useldeng. Ech hunn et schonns méi oft gesot a geschriwwen, mee et kann een et net oft genuch widderhuelen: eise Club des Jeunes vun Useldeng ass eng Ekipp vun immens engagéierte jonke Mënschen, déi op esou engem Owend wéi bei eisem Concert am Beräich Service a Catering eng richteg professionell Aarbecht leeschten. Hinnen nach eng Kéier en décke Merci a mir freeën eis op eng weider flott Zesummenaarbecht.

An en zweete Merci geet un d'Kolleege vun der Harmonie Useldeng, eng Kéier fir hir zuelräich Präsenz um Concert, an awer och fir hir Bassklarinett, déi si eis onkompliséiert fir de Concert zur Verfügung gestallt haten.

An en drëtte Merci geet un eise Publikum. Et ass nëmme méiglech esou e Concert ze spillen, wann een déi noutwendeg Ënnerstëtzung duerch Applaus a Begeeschterung kritt, a béides war ouni Zweifel um Rendez-vous.

Fir all déi, déi dëse flotte Concert verpasst hunn, notéiert iech alt schonns elo den Datum vum 9. November 2024, wann et déi nächste Kéier „Swingin' Castle" heescht. Eise „guest star" ass dann de beschtbekannten Trompettist Ernie Hammes.



Fotoen: Dirk Pessers    Text: Raoul Schaaf

VERÄINSLIEWEN

# CLVV Useldeng - Segelkonschtfluch zu Useldeng

Enn September ass et de Seegelfliger vun Useldeng gelongen, en neie Schrëtt ze goe wat d'Formatioun op dem Seegelfliger ugeet. Ech schwätzen hei vum Segelkonschtfluch.

Déi Leit, déi schonn dovun héieren hunn oder déi lescht Woch September zu Useldeng an den Himmel gekuckt hunn, denken, déi maachen nëmme Looping oder soss komesch Saachen.

A Wierklechkeet geet et drëm, de Fliger ganz präzis ze fléien an dann an anere Situatiounen, wéi déi Piloten dat gewinnt sinn. Och hunn e puer vun eise Moniteuren dat matgemaach, ebe fir nach besser op all Situatioun mat de Schüler virbereet ze sinn, awer och fir nach méi genau ze fléien. Dat huet zwar net ëmmer esou gutt geklappt, mee schliisslech ware 4 Spezialisten aus Bayern an aus der Pfalz derbäi, fir opzepassen, dass dat richteg gemaach gouf.

Zu deem Zweck ware 15 Piloten ageschriwwen, déi op verschidden Niveaue konnten hiert Kënne weisen an dann och verbessert goufen. D'Hallschent vun dëse Pilote sinn aus Däitschland komm an den CLVV ass houfereg dir dëse Stage konnten zesumme mam Förderverein Segelkunstflug aus Bayern ze organiséieren. Verschiddener vun de Piloten hunn awer och konnten op engem esou héijen Niveau trainéieren, dass si domat souguer kéinten op enger Meeschterschaft deelhuelen. Iwwregens si bei dëse Flich -2,3 bis 6,00 G geflu gi.

Vum 29. September bis de 7. Oktober sinn am Total 301 Flich gemaach ginn an de Comité vum CLVV hält hei och nach eng Kéier drop sech ze entschëllege bei deene Leit, déi sech eventuell gestéiert fonnt hunn duerch de Kaméidi. An engem Fall huet den Organisateur och reagéiert an d'Flugroutë geännert.

Esou eng grouss Zuel vu Flich ze koordinéieren, brauch eng zolidd Organisatioun an den Adrien Ries huet do eng immens Aarbecht geleescht sief et mat de Piloten, den Awunner ronderëm an awer och den Autoritéiten. Dank den exzellente Relatioune mat der Direction de l'Aviation Civile konnte kleng Problemer behuewe ginn a gesëchert Loftraim festgeluecht ginn, fir déi aner Fligeren net ze behënneren. Fir all des Flich „ënner Dag" ze kréien, ass fréi am Dag ugefaange ginn – wann den Niwwel et dan erlaabt huet an dat war net ëmmer de Fall. An déi Fligeren, déi aus dem däitschen Utscheid bei eis komm sinn, fir eis







Maschinnen an d'Luucht ze zéien, déi hunn och schonn emol misse waarden ier se lande konnten.

Fir déi ronn 25 Leit owes ze bekäschtegen, hu mir eis aus dem Duerf beliwwere gelooss. Dat huet eis erlaabt, a Rou nach kënnen en Debriefing ze maachen a fir den Dag drop nach besser ze schaffen.

Et ass dem CLVV, zesumme mat den Experten aus Bayern, gelongen eng onvergiesslech Woch ze koordinéieren, wou jidderee konnt eppes bäiléieren. An dat Allerwichtegst ass: et huet kee sech wéi gedoen an eist Material ass och geschount ginn.

Text : Alex Krieger

# Iewerlenger Bréckestäiler



Léiw Awunner aus der Gemeng Useldeng,

Wéi deen een oder anere villäicht scho matkrut, hu mir en neie Veräin an der Gemeng! Fir méi genee ze sinn, zu Iewerleng. De Clibbchen, dee säi Bescht mécht, fir lues awer sécher aus senge Kannerschong erauszewuessen, nennt sech „D'Iewerlenger Bréckestäiler".

D'Zil vum Club ass net nei an der Gemeng. Änlech wéi zu Rippweiler a Schandel, wou et d'Duerffrënn ginn, ass et och eist Zil, eisem Dierfchen nees e bëssen Duerfliewen anzehauchen a virun allem d'Leit zesummenzebréngen.

D'lescht Joer koum spontan eng Iddi „aus dem Eck" vun Iewerleng, fir en Interennen op eiser Atert fir d'Awunner am Duerf ze organiséieren. Well dat Evenement e flotte Succès kannt huet, gouf et dëst Joer eng zweet Editioun. A well mir am Fréijoer eise Veräi just gegrënnt haten, huet et eis immens gefreet un der Organisatioun vun der Aktivitéit dierfen Deel ze huelen an den „Noper aus dem Eck" ënnert d'Äerm ze gräifen.

D'Wieder war gutt, d'Leit si komm, um Sprangschlass gouf gesprongen, fir d'läiblecht Wuel war gesuergt a schlussendlech hu sech 256 Intercher vun der aler Bréck Richtung nei Bréck gemaach, wou et dann um Schluss ee gléckleche Gewënner gouf. Mir hunn dunn och ee stëlle Moment vun der Geleeënheet profitéiert eisem Iewerlenger Frënd Romain Schmit ze gedenken, deen eis leider vill ze fréi fir ëmmer verlooss huet.

Da si mir iwwerglécklech, dass mir dëst Joer d'Chance kréien, fir um „Chrëschtdag op der Buerg 2023" dierfen deelzehuelen. Hei wäerte mir iech kulinaresch op eng ganz besonnesch Aart a Weis verwinnen. Méi verrode mir awer lo nach net...

Nieft enger Editioun 2024 vum Interennen, wäerte mir am Laf vun der Zäit sécherlech nach weider Aktivitéiten annoncéieren, a wie weess, kennen se e Succès, ginn och des villäicht zu enger Traditioun, wat eng schéi Beräicherung fir eist Duerf, awer och fir eis Gemeng wier.



VERÄINSLIEWEN



# 100 Joer Rippweiler Grott (1923-2023)



All Joer, de 15. August op Léiffrawëschdag, ass zu Rippweiler bei der Grott eng feierlech Mass mat Seene vum Krautwësch. Duerno geet eng Liichterpressioun raf bis an d'Kierch, wou de sakramentale Seegen ass. Natierlech ass et och ëmmer bëssi spannend, ob d'Wieder och matspillt.

Dëse Rendez-vous steet fest am Kalenner vu villen Duerfleit a vun deenen, déi hir Wuerzelen hei hunn, esou wéi och bei Leit aus der Ëmgéigend.

Säit kee Café méi am Duerf ass, bitt de Club des Jeunes Rippweiler de Leit d'Geleeënheet, duerno nach ee gesellege Moment zesummen ze verbréngen.

**Wéi koum et zu dëser schéiner Traditioun?**






1921 huet de Péitchen Theis vu Rippweilerc de Paschtouer Legille beweegt, fir mat him op Roum ze pilgeren. Puer Woche méi spéit hat de Péitchen ee Juegdaccident, woubäi ee Schoss aus engem ongesécherte Gewier sech geléist huet an de Mann um Bee getraff huet. Mat enger Bluttvergëftung ass hien an d'Klinick ageliwwert ginn, a fir säi Liewen ze retten huet d'Bee mussen amputéiert ginn. Hien hat den Duerfleit versprach, falls hie giff gesond heem kommen, géif hien am folgende Joer erëm op Lourdes pilgeren.

Wéi hien no sengem Klinicksopenthalt erëm konnt heem kommen, war un eng Pilgerfaart nit méi ze denken; sou huet hien den Entschloss geholl: „Falls ech nit méi bei d'Mamm goe kann, da wëll ech d'Mamm bei mech huelen." Sou wollt hien seng Unerkennung fir d'Léift vu senge Matbierger zum Ausdrock bréngen.

Eng gëeegent Plaz sollt ee Stéck Land sinn um Kräizwee fir op Kapweiler, wat de Jean Harpes onentgeltlich zur Verfügung gestallt huet. Skizzen an der Hallefgréisst vu Lourdes goufen ugefäerdegt an d'Preparatioune goufen erleedegt. D'ganzt Duerf stoung hannert der Iddi vum Bau vun der Grott an et si fräiwëlleg Spende vun iwwer 1.200 Frs gebuede ginn.


Am Februar 1923 huet d'Jugend aus dem Duerf d'Fundamenter ausgehuewen, d'Stengeforter Steng si vun de Bauere mat hire Päerdskutsche vun der Näerdener Gare aus erbäi gefouert ginn. Den Här Colling vu Säll, de Baumeeschter, konnt de 27.3.1923 mat de Steemetzescharbechten ufänken.

Schonn Ufank Mee ass mat den Alentouren ugefaange ginn: d'Tujasheck vun der Gäertnerei Lahr vun Uselding, d'Schmattaarbechten vum Duerfschmadd Paul Herber an d'Holzaarbechte si vum Schräinermeeschter Lorenz geferdigt ginn. De Käschtepunkt vun deene verschiddenen Aarbechten war folgenden:

- Aarbechtsloun: 978 Frs.
- Steng an Transport: 911 Frs.
- Zement a Sand: 452 Frs.
- Enceinte: 352 Frs.
- Schmaddaarbichten: 455 Frs
- Statue Immaculata: 500 Frs.
- Statue Bernadette: 235 Frs.
- Gesamtkäschten: 4200 Frs.

Déi feierlech Aseenung war de 24.Mee 1923. Vill Pilger hunn der Houmass vum Paschtouer Reckinger bäigewunnt, den Dechen Drees huet d'Festpriedegt gehal. Duerno ass d'Pressioun bei d'Grott gaang fir d'Aseenung. De Paschtouer Nilles, déi dreiwend Kraaft vun der Lourdesbeweegung vu Rippweiler, huet an engem vun him selwer verfaasste Lidd d'Entsteeung an d'Bedeitung vun der Grott virgedroen. Dee

Lidd vum J.P. Nilles fir d'Aweiung



Einweihung der Lourdesgrotte zu Rippweiler.
24. Mai 1923.

I.
Nach Lourdes zieh'n die Pilger zu Tausenden hin,
Mit grossem Vertrauen u. gläubigem Sinn. :/: Ave, ave, ave Maria! :/:

II.
Die Liebe zur Mutter erweckt die Natur,
Baut Grotten in Dörfern, auf Strassen u. Flur. :/: Ave, ave, ave Maria! :/:

III.
Dies Heiligtum schenkte ein Pilger von hier,
Der weissen Madonna auf ewig zur Zier. :/: Ave, ave, ave Maria! :/:

IV.
Ihn hat sie errettet in äusserster Not,
In schrecklichem Unglück, vor sicherem Tod. :/: Ave, ave, ave Maria! :/:

V.
Ihr Kind ruft die Mutter zur Grotte so fromm,
So oft du hier betest, bist du mir willkommen. :/: Ave, ave, ave Maria! :/:

VI.
Von Bergen umgeben, die Grotte hier steht,
Ein himmlisches Sehnen das Herz dir umweht. :/: Ave, ave, ave Maria! :/:

VII.
Und wenn auf dem Felde die Grotte du siehst,
Und dir von der Stirne der Schweiss herabfliesst; :/: Ave, ave, ave Maria! :/:

VIII.
So denk an die makellos Reine, und schau,
Und sage: O Mutter! auf dich ich vertrau. :/: Ave, ave, ave Maria! :/:

IX.
Und führt dich der Weg an der Grotte vorbei,
So grüsse Maria, ein Ave ihr weih. :/: [illegible] Maria! :/:

ganzen Dag war Feierdagsstëmmung am Duerf an owes ass fir d'éischte Kéier no enger méistëmmeg gesongener Andacht an der Kierch d'Liichterpressessioun bei d'Grott gaang. Alles war mat schéinste Fändelen, Blummen a Luuchte gerëscht: een eegene Käerzekranz ronderëm d'Statue an ee grousse Mariamonogramm am ieweschten Deel vun der Grott.

No der Liichterpressessioun huet d'marianesch Congregatioun an engem klengen Theater d'Geheimnis vu Lourdes virgefouert, an de Schlussakt vun dësem onvergiesslechen Dag gesat.

Lo hat Rippweiler, dank der Fräigebigkeet vum Här Theis an der Bereetwëllegkeet vun den Awunner, Lourdes an hier Mëtt bruecht. Mat der Geneemegung vum Paschtouer ass eng Opferkëscht installéiert ginn. Vun dësem Dag un, waren op alle gréissere Mariefester, wou d'Wieder et erlaabt huet, eng Liichterpressessioun, besonnesch an de Summerméint.

Zu Lourdes steet nieft der Grott och ee Calvaire, deen de Pilger an hirem Leide soll Mutt a Kraaft schenken. Och dës Gnod sollt dem Duerf net virenthale ginn. Dank der Fräigibegkeet vum pensionéierte Schoulmeeschter Michel Frank ass dat Joer drop de Calvaire niewendru geplangt an opgeriicht ginn. Och hei huet d'Duerf sech bedeelegt. D'Kräizgrupp gouf Päischtméindeg 1924 ageseent.

Och wann d'Grott keng Wonnerstätte ass, sou ass et dach eng kleng Gnadesstätte, wou d'Luef vun der Mutter Gottes weiderklëngt an de Seegen vun der Immaculata an de leedbedréckten Häerzer weiderfléisst.

Nom Péitchen Theis sengem Doud (30.8.1938) war d'Grott am Besëtz vun der Mme Catherine Theis.

De 5.4.1966 gouf eng Vereenegung mam Numm „Oeuvres Paroissiales de Rippweiler" gegrënnt mat Sëtz zu Rippweiler. Si huet als Zil den Opbau an d'Förderung vun alle reliéisen, sozialen a karitative Wierker vun der Filial Rippweiler, souwéi all Aktivitéiten, déi sech mat der Uschafung, Konstruktioun, Ënnerhalt a Verwaltung vun de Mobilien an Immobilien, besonnesch der Grott befaassen. De Veräin gouf den Dag drop enregistréiert an de 16.4.1966 am Memorial publizéiert.

D'Famill erënnert sech nach haut drun, wéi d'Catherine Theis déi Aarbechte bei der Grott nit méi gepackt huet a gesot huet: „Ech bréngen dat nit méi fäerdeg, ech schenken dem Duerf d'Grott."

Sou koum et den 31.8.1966 zum Schenkungsakt vun der Mme Catherine Theis un d'Oeuvres paroissiales vun der Parzell N: 341 „auf Bockholz", ee Feld vun 03 Ar 40 Centiar, a Wierklichkeet d'Grott an déi Plaz.





© Charel Reiser

Schenkungsakt

No.479 Schenkung vom 31.August 1966

Im Jahre eintausend neunhundert sechsundsechzig,am einunddreissigsten August.
Vor dem unterzeichneten Lucien-Jean-Mathias SCHMAN, Notar im Amtswohnsitze zu Rambrouch.
In steter Gegenwart der zwei am Schlusse benannten,mit unterzeichneten Zeugen.
Ist erschienen :
Fräulein Cathérine THEIS,ohne besonderen Stand,geboren zu Oberpallen am 9.Juli 1904,wohnhaft zu Rippweiler.
Diese Komparentin erklärt andurch zu schenken,durch Schenkung unter Lebenden,unwiderruflich,zum vollen Eigentum,
der "Oeuvres Paroissiales de Rippweiler" Vereinigung ohne Gewinnzweck,gemäss den Bestimmungen des Gesetzes vom 21.April 1928,mit Sitz zu Rippweiler,gegründet zu Folge Privatakt vom 5.April 1966,einregistriert zu Redingen am 6.April 1966,Band 127,Seite 74,Feld 3 ,hinterlegt auf der Kanzelei des Bezirksgerichtes von und zu Diekirch am 16.April 1966 und veröffentlicht im Memorial,Recueil Spécial,Nummer 59 vom 14.Mai 1966;
für welche annehmen die Mitglieder des Verwaltungsrates ,nämlich:
1. Herr Théophile WEIRICH, Pfarrer,wohnhaft zu Useldingen;
2. Herr Nicolas Wagner,Privatbeamte;wohnhaft
3. Herr Eugène SCHMIT,Landwirt;
4. Herr Antoine FRISING,Rentner;
5. Herr Jean-Pierre FRANK,Landwirt;
6. Herr Nicolas FEY,Landwirt;
7.Herr Edmond HARPES,Landwirt;
8. Herr Ernest HARPES,Landwirt;
9. Herr Emile FEINEN,Hüttenarbeiter;
10.Herr Jean SCHOUWEAN,Landwirt;
11.Herr Nicolas DECKER,Landwirt;
diese alle wohnhaft zu Rippweiler,
handelnd Erstgenannter in seiner Eigenschaft als Präsident;Zweitgenannter in seiner Eigenschaft als Sekretär; Drittgenannter in seiner Eigenschaft als Kassierer und die übrigen Genannten in ihrer Eigenschaft als Mitglieder des Verwaltungsrates;- alle hier anwesend.
Die nachbezeichnete Immobilie,eingetragen im Kataster wie folgt:
Gemeinde Useldingen,Sektion C von Rippweiler.
Nummer 341,Ort genannt"auf Bockholz",Acker,gross 03 Ar 40 Centiar, in Wirklichkeit Grotte und Platz.
Eigentumsnachweis.
Die Schenkgeberin Fräulein Cathérine Theis ist Eigentümerin dieser Immobilie als Legatarin ihres verstorbenen Oheims Pierre Theis,verstorben zu Rippweiler am 30.August 1938,zu Folge öffentlichem Testamente vom 3.Juni 1935,aufgenommen durch Notar Georg Faber,mit dem damaligen Amtswohnsitze zu Useldingen,einregistriert zu Redingen am 3. September 1938,Band 269,Blatt 51,Feld 10.Die in diesem Testament zu Gunsten von Charles Theis und Marie Theis reservierten Nutzniessungsrechte erloschen bei deren Tode Charles Theis verstarb zu Rippweiler am 16.August 1949 Marie Theis verstarb zu Rippweiler am 1?.Januar 1952.
Lasten und Bedingungen.
Diese Schenkung fand statt unter folgenden Lasten und Bedingungen:
1.Die geschenkte Immobilie ist zu nehmen in dem Zustan-

Transcrit à DB
le 16.9.66
Vol. 344 No. 124
Inscrit Vol. / No. /

Wortartikel vum 31. Mee 1923

Rippweiler, 30. Mai. Die feierliche Einsegnung unserer Lourdes-Grotte hatte aus der ganzen Umgegend eine große Menschenmenge angelockt. Herr Dechant Drees aus Olpern schilderte in der Festpredigt mit beredten Worten die Liebe und Verehrung zur weißen Madonna, deren Bild nun in Rippweiler eine Heimstätte gefunden hat. In voller Pracht entfaltete sich alsdann die Prozession zur festlich geschmückten Grotte. Der geschmackvolle Bau der Kapelle und die herrlichen Anlagen gefielen allgemein. Ganz besondere Bewunderung erregte der kühn geschwungene Bogen sowie die treu nachgeahmte Nische mit der kunstvollen Statue der Unbefleckten. Nach der Einsegnung der Grotte bestieg Herr Pfarrer Nilles aus Rollingergrund die an der Grotte angebrachte Kanzel und schilderte in selbstverfaßtem Gedichte Ursprung und Zweck der Grotte, die ein Geschenk des Dankes an die Gottesmutter und eine Aufforderung treuer Mutterliebe an die Nachkommen sei. Mit einer schönen Bittprozession und einem kleinen Lourdesstück ging der herrliche Tag zu Ende, aber die Lourdes-Grotte soll noch nach langen Jahren von der Dankbarkeit und der Marienverehrung unserer Ortschaft Zeugnis ablegen.

D'Schenknehmerin ass verflicht déi geschenkten Immobilie just als Grott ze gebrauchen an ni zu engem aneren Zweck ze veräusseren, sou wéi dat well am Verkafsakt vum 24.9.1923 festgehale gi war tëscht dem Jean Harpes an dem Pierre Theis.

Éischte President vun der Oeuvres Paroissiales Rippweiler war de Paschtouer Theophile Weirig, Sekretär den Nicolas Wagner, Keessjee den Eugène Schmit an de Veräin hat 21 Memberen. D'Grott gouf dunn am Joer 1968 vun der neier Oeuvres Paroissiales Rippweiler restauréiert an ënnerhal.

Nodeems d'Aktivitéite ronderëm d'Grott, mat Ausnam vun der Liichterpressessioun sech an den 80er Jore méi reduzéiert hunn, gouf 1992 een neie Comité zesumme gestallt, deen d'Verwaltung vun dësem Patrimoine erëm opgeholl huet an nach ëmmer garantéiert.

Den Originalzoustand vun der Grott ass bis haut zimmlech bäibehale ginn, just de Priedegtstull ass Ufank de 70er Joren zougebaut ginn. 2 weider Ausbesserungen waren 1992 an 2008.

1999 gouf d'Kräizgrupp ausgebessert an an d'Rei gesat an elo 2023 ass erëm een neit Kräiz gesat ginn an d'Statue goufe renovéiert.

D'Anlag ronderëm huet och bëssi geännert. D'Dännebeem hunn enger Bichenheck Plaz gemaach. D'Grott gët vum Veräin an der Rei gehal an d'Margit Schroeder-Schmit huet no sengem Papp d'Relève geholl, fir sech reegelméisseg ëm d'Planze bei der Grott ze këmmeren.

Déi meescht Ausgabe fir d'Grott hu mat Ënnerhalt ze dinn: Sand, Zement, Kiselsteng, alt emol Planzen, Dünger a Buedem, Renovéierungsaarbechten, Bänken an Assurance.

D'Einname komme vum Affer vum 15. August, Beitrag vun de Memberen, Done vu Privatleit a säit kuerzem och de Subsid vun der Gemeng.


© Charel Reiser

# Feierlech Séance Académique den 13. November 2023

Fir dës wonnerbar Geschicht nitt an de Vergiess geroden ze loossen, ass dat ganzt an dem Film „D'Rippweiler Grott" an 30 Minutten dokumentéiert ginn, deen den 13. November zu Rippweiler an der Kierch gewise ginn ass. De Film gouf realiséiert vum Nizar al Ravi, d'Marianne Harpes an de Claude Metz hunn de Script gemeet an d'Material dofir zesummegestallt. Finanzéiert gët en vun den Oeuvres Paroissiales Rippweiler, dem Syndicat d'Initiative Useldange an M.-Th. Harpes-Molitor.

No der Afëierung vum President Raymond Feinen, der Presentatioun vum Film, huet den Deche Jean-Jacques Flammang an de Buergermeeschter Pollo Bodem hir Felicitatioun an Unerkennung zum Ausdrock bruecht. Den Owend gouf musikalesch ënnermoolt vum Red Sax Ensemble an d'Feier huet hiren Ofschloss fonnt am Festsall bei engem Frëndschaftspatt, offréiert vun der Gemeng.

**Bestellung vum Film:** Wee wëll kann de Film „D'Rippweiler Grott" fir 30€ bestellen op DVD oder USB.

Schreift eng Email un: marianne.harpes@education.lu an iwwerweist déi 30€ op de Kont vun Oeuvres Paroissiales Rippweiler CCRALULL LU64 0090 0000 0029 4603 mam Vermierk „Film Rippweiler Grott DVD oder USB"

Rippweiler Oeuvres Paroissiales


© Charel Reiser



Text: Marianne Harpes

GESCHICHTLICHES AUS DER GEMENG

GEMENG USELDENG



# Et si vous pouviez économiser de l'argent et de l'énergie … grâce à la rénovation énergétique de votre domicile ?

**Une bonne isolation augmente l'efficacité énergétique de votre maison et votre confort**

Pour réduire les pertes de chaleur, investissez dans l'isolation de vos murs extérieurs, de votre toit, de vos fenêtres, de vos sols et de vos plafonds. Cela vous permettra d'économiser des frais de chauffage en hiver et d'assurer une sensation de chaleur plus uniforme. De plus, en été, vous pouvez réduire le risque de surchauffe des pièces d'habitation. Vous économisez donc non seulement de l'argent, mais vous améliorez également votre qualité de vie.

Pour démarrer votre projet de rénovation, renseignez-vous au préalable auprès de votre conseiller Klima-Agence sur les différentes étapes et possibilités de votre projet et faites-vous expliquer les aides dont vous pouvez bénéficier pour votre rénovation.

En outre, vous pouvez utiliser le simulateur d'aides Klima-Agence sur **aides.klima-agence.lu** pour avoir un aperçu des subventions étatiques, communales, des aides des fournisseurs d'énergie et du fonds nova naturstroum.

Choisissez un conseiller en énergie agréé (Klima-Agence certified) qui vous assistera dans votre projet et pour votre demande d'accord de principe (obligatoire pour l'octroi des aides étatiques en matière d'isolation) auprès du Guichet unique des aides au logement ainsi que pour la demande des aides Klimabonus afin que votre rénovation soit un succès.

**Remplacer votre chauffage au gaz ou au mazout vous rend moins dépendant de la hausse des prix de l'énergie**

Vous pouvez remplacer votre chauffage fossile par une alternative durable, par exemple une pompe à chaleur géothermique ou une pompe à chaleur air-eau. Cela vous rend moins dépendant de la hausse des prix du pétrole ou du gaz. La technologie des pompes à chaleur est éprouvée et l'installation de chauffage de référence pour les nouvelles constructions.

Vous pouvez également vous renseigner au préalable auprès de votre conseiller Klima-Agence pour en savoir plus sur les différentes alternatives de chauffage ainsi que sur les aides disponibles.

Contactez les artisans et demandez vos premiers devis. Demandez ensuite les autorisations nécessaires (si nécessaire) et faites réaliser les travaux. Une fois terminée, demandez les aides de l'État.

**Plus d'informations sur klima-agence.lu**

klima agence

LE GOUVERNEMENT DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG

**Conseil indépendant et gratuit**
klima-agence.lu

VALORLUX BE THE CHANGE

SIDEC

Novembre 2023


# Simplification du tri

Valorlux et le SIDEC vont entamer une phase de transition afin de rendre la collecte, le tri et le recyclage plus efficaces, mais également plus simples pour vous.

## 6 fractions de tri au lieu de 11

auf Deutsch hier
in English here


### Les emballages PMC - sauf les films plastiques - seront collectés ensemble.



Bouteilles — Flacons — Pots — Cartons à boisson — Emballages métalliques — Barquettes Blisters — Pots de fleurs


Pas de plastique NOIR

### Les emballages plastiques non recyclables seront collectés ensemble.



Plastique noir — Emballages multicouches — NON VALORLUX Sacs non-Valorlux

### Ces fractions seront collectées séparément



VALORLUX Éco-sacs Valorlux (avec logo Valorlux) — Films plastiques — Polystyrène (styropor) — Bouchons en liège

famestudio.lu


A partir du 1er novembre 2023, la collecte des emballages dans nos centres de ressources à Rédange et au Fridhaff va évoluer. La collecte des sacs bleus porte-à-porte reste inchangée.

Valorlux et le SIDEC entament un projet pilote afin de rendre la collecte, le tri et le recyclage plus efficaces, mais également plus simples pour les citoyens. Valorlux et le SIDEC vont en effet tester le nouveau concept de collecte dans les deux centres de ressources susmentionnés et en évaluer les résultats, avant de l'étendre dans tous les centres de ressources du Luxembourg.

**Qu'est-ce qui change ?**

| | |
|---|---|
|  | La collecte du **PMC (Plastique – Métal – Cartons à boissons)** est simplifiée. Vous pouvez désormais mettre tous les emballages plastiques, ainsi que les emballages métalliques et les cartons à boissons dans un seul et même sac. |
|  | Les **films plastiques** restent quant à eux collectés séparément. |
|  | Le **polystyrène (styropor)** propre ou sale reste lui aussi collecté séparément. |
|  | |
|  | Les **bouchons en liège** sont collectés séparément. |

**Deux nouvelles fractions ont également été mises en place :**

| | |
|---|---|
|  | **Les plastiques non-recyclables** tels que le plastique noir ou les emballages multi-couches (paquets de café, paquets de chips, nourriture pour animaux) sont collectés en vue d'une valorisation énergétique. |
|  | **Les Eco-Sacs (sacs de courses) Valorlux** sont collectés séparément des autres sacs de courses aux compositions diverses, afin de garantir leur recyclage. |



**Léif Lieserinnen a Lieser,**

Wat sinn Är absolut Liblingsplazen hei am Wëlle Westen? Mir sinn op der Sich no verstoppte Pärelen, no „Hidden Treasures" am Kanton Réiden an aus der Gemeng Mäerzeg! Am Kader vum Projet „Hidden Treasures, wëllte mir gären eng Broschüre an/oder eng Kaart erstellen, wou genee déi Plaze virgestallt ginn! Déi kéim net nëmmen den Touristinnen an Touristen ze gutt, mee och de Bierger selwer, déi hei wunnen. Dat kënnen esou wuel kulturell ewéi och Plazen an der Natur sinn, mat deenen Dir eng besonnesch schéin Erënnerung oder ee spezielle Moment verbannt.

# OPRUFF AKTIOUN „HIDDEN TREASURES"

## WAT ASS ÄR LIBLINGSPLAZ AM WËLLE WESTEN?







### ÄR ERËNNERUNGEN AN ANEKDOTE FESTGEHALEN

Déi touchantsten Erfarung bei enger Visitt ass, wann een eppes Perséinleches iwwer Land a Leit gewuer gëtt. Hutt Dir Loscht, Är Liblingsplaz am Wëlle Westen an engem perséinlechen Text ze presentéieren? Da maacht mat a setzt Iech mat eis a Verbindung. Selbstverständlech ass et eng Viraussetzung, datt Är Liblingsplaz, déi Dir beschreiwe wëllt och fir jiddwereen ëffentlech a fräi zougänglech ass. D'Publikatioun, déi fir touristesch Zwecker veréffentlecht soll ginn, wäert eis schéi Regioun mol emol vun enger ganz anerer Säit weisen. Vun Ärer!

Mir freeën eis, dëse Projet zesumme mat Iech unzegoen a freeën eis op Äre Retour **bis spéidstens Enn Dezember 2023**. Den TouristInfo Wëlle Westen hëlt sech d'Recht, eng Selektioun vun de schéinsten Anekdoten, Geschichten & Plazen erauszewielen.

Bei Froe kënnt Dir eisen TouristInfo Wëlle Weste kontaktéieren!

VISITWËLLEWESTEN

KANTON RÉIDEN

**TOURISTINFO WËLLE WESTEN**
1, am Millenhaff
L-8706 Useldange
T +352 28 33 45 10
info@visitwellewesten.lu
www.visitwellewesten.lu
@visitwellewesten

AM KANTON

# CHRËSCHTDAG CHALLENGE 2023 VUM TOURISTINFO WËLLE WESTEN

**Och dëse Chrëschtdag organiséiert den TouristInfo Wëlle Westen nees een Gewënnspill fir déi ganz Famill. Maacht mat a gewannt flott regional Präisser!**

**An der Chrëschtvakanz (23.12-07.01) kënne Familljen a Kanner no Chrëschtdags-Bulle bei der TouristInfo zu Useldeng op d'Sich goen an ee Rätsel léisen. Am ganze sinn 10 Chrëschtdags-Bulle verstoppt! Kontaktéiert eis, fir méi Informatiounen zu dëser Challenge ze kréien an Iech unzemellen:**

**TouristInfo Wëlle Westen**
**(+352) 28 33 45**
**info@visitwellewesten.lu**

**Hei gi flott Präisser tëschent de Kanner mat de richtegen Äntwerten ausgeloust, ënner anerem Entréeë fir d'Réidener Schwämm, ee Schuppi-Rucksak fir auszemolen vum Schiefermusée Uewermaartel a lecker Schneekechkeeten vum Groupe Tricentenaire.**

KANTON RÉIDEN

VISITWËLLEWESTEN

# Nouveau bâtiment électrique-informatique à Useldange

Le jeudi 28 septembre 2023, le Bureau de la DEA avait invité les responsables politiques et le personnel de ses communes-membres pour inaugurer le nouveau bâtiment électrique – informatique à Useldange.

En présence de Monsieur le Ministre Claude HAGEN, du Président de la Chambre des députés, Monsieur Fernand ETGEN et de nombreux députés luxembourgeois, le président de la DEA, Monsieur Charles PAULY, le vice-président de la DEA, Monsieur Pollo BODEM et l'ingénieur-directeur de la DEA, Docteur Marc SCHROEDER ont présenté la nouvelle construction aux invités.

Ce nouveau bâtiment héberge un magasin pour l'exploitation du syndicat et les bureaux et ateliers des services électriques et informatiques.

Après l'acte officiel, le bureau de la DEA a invité les participants à partager un verre de l'amitié et une grillade.












Fotoen: Charel Reiser

## Par ATERTDALL Sainte-CLAIRE

**CENTRE PAROISSIAL:** 40, Grand'rue L- 8510 Redange-Attert
Site: https://cathol.lu/atertdall

**ÉQUIPE PASTORALE:**
Père Jean-Jacques FLAMMANG SCJ, curé-doyen Tél: 661 746 852 jjf@scj.lu
Père Mathieu JANSSEN M.O., curé
Père Vincent BILLOT & Père Jacques BAGNOUD, subsidiaires
Joke de KROON, coopératrice pastorale Tél: 691 497 273 j.dekroon@cathol.lu

**SECRÉTARIAT & COMMANDE MESSES Tel: 23 62 10 53** / atertdall@cathol.lu Michèle ASSERAY, secrétaire
**KRANKEN- & ALTENPASTORAL** Tél. 23 62 07 20 / 621 618 855 Marie Claire RASQUÉ
**NOUT-TELEFON BEGRIEFNISPASTORAL / EQUIPE DE FUNÉRAILLES - URGENCES tél. 621 686 102**


# Chrëschtdag 2023 ~ Noël 2023

***«Éier dem Härgott am Himmel a Fridden de Mënschen op der Äerd!»*** *(Lukas 2,14)*

Chrëschtdag, d'Fest vun der Gebuert vu Jesus Christus, steet virun der Dir.
Et ass eent vun deene grousse Fester am Kierchejoer, an esou bitt d'Par Atertdall Sainte-Claire, zu där Gemeng Useldeng gehéiert, eng ganz Rei vu Gottesdéngschter, Konzerten a Spendensammlungen un. Hei en Iwwerbléck.
Detailer fënnt een am Parbréif, deen an alle Kierchen vun der Par ze kréien ass, an och op eiser Internetsäit ënnert https://web.cathol.lu/rubrique34



*Krëppchen zu Useldeng*

### 24.12. 2023 - HELLEG OWEND

**zu Réiden um 18.30 Auer, Chrëschtmetten mat Eucharistiefeier**
**zu Useldeng um 21.00 Auer, Chrëschtmetten mat Eucharistiefeier**
**zu Viichten um 23.00 Auer, Chrëschtmetten - Messe de minuit**

### 25.12. 2023 – CHRËSCHTDAG

**am Préizerdaul um 10.30 Auer, Festmass**

### 26.12.2023 – STIEFESDAG / SAINT-ETIENNE

**zu Ell um 10.30 Auer, Festmass**
**zu Groussbus um 10.30 Auer, Festmass**

**Mir wënschen allen e geseenten Chrëschtdag an en zefriddent neit Joer 2024.**

**NOËL** est une des plus grandes fêtes de l'année liturgique. C'est la naissance de Jésus, jour de paix et de joie.
La paroisse Atertdall Sainte-Claire dont la commune de Useldange fait partie vous invite à participer à ses liturgies, ses concerts, ses moments de partage...
Vous trouvez plus détails dans le bulletin paroissial que vous pouvez vous procurer dans les différentes églises de la Paroisse ou consulter sur le site internet: https://web.cathol.lu/rubrique34

Les responsables de la paroisse Atertdall Sainte-Claire souhaitent à tous

**une belle fête de Noël et une bonne année 2024.**

# Médaillon de marcassin sauce au vin rouge et petits légumes à la provençale



(pour 4 personnes)

- médaillons de Marcassin: 4
- carottes: 2
- courgette: 1
- aubergine: 1
- poivron rouge: 1
- thym frais: 2 brins
- romarin frais: 1 branche
- échalotes: 2
- vin rouge: 1 dl
- huile d'olive: 4 c. à soupe
- fond de gibier (bocal): 3 dl
- épices italiennes
- poivre noir

D'REZEPT VUN DER BOMI

**Au préalable :**

1. Effeuillez le thym et le romarin et hachez finement les feuilles. Enrobez les médaillons de marcassin de feuilles hachées. Couvrez de film fraîcheur et réservez 2 h au réfrigérateur.
2. Coupez la courgette et l'aubergine non pelées ainsi que les carottes en dés d'1/2 cm.
3. Ôtez les graines et les filaments blancs du poivron, et coupez-le en dés d'1/2 cm.
4. Émincez les échalotes.

**Préparation :**

1. Faites chauffer 2 c. à soupe d'huile d'olive dans une poêle et faites-y revenir les dés de légumes 10 min à feu doux. Ajoutez un trait d'eau s'ils attachent, et épicez de « Mix italien », de sel et de poivre (les légumes peuvent être légèrement croquants).
2. Mettez les échalotes et le vin rouge dans une casserole et faites réduire. Mouillez avec le fond de gibier et faites réduire de moitié à feu vif.
3. Faites chauffer 2 c. à soupe d'huile d'olive dans une poêle et faites-y dorer les médaillons de marcassin ± 2 min de chaque côté. Baissez le feu et prolongez la cuisson selon vos préférences (le marcassin se mange rosé). Salez et poivrez.
4. Réservez la viande au chaud, hors de la poêle. Déglacez avec la réduction d'échalotes au vin rouge et détachez les sucs de cuisson. Tamisez la sauce.

**Présentation :**

Coupez les médaillons en belles tranches obliques et servez-les avec la brunoise de légumes et la sauce au vin rouge. Un régal avec du gratin dauphinois.

# JANUAR

11.01. | DONNESCHDEG

PORTE-OUVERTE
> USELDENG / BUVETTE SPORTSHAL
Senioreforum

13.01. | SAMSCHDEG

XXL BOYKICKER TURNÉIER
> USELDENG / BUVETTE SPORTSHAL
FC Jeunesse

20.01. | SAMSCHDEG

APRÈS SKI
> USELDENG / CENTRE CULTUREL
Club des Jeunes Useldeng

26.01. | FREIDEG

GENERALVERSAMMLUNG
> RIPPWEILER
Duerffrënn Rippweiler

27.01. | SAMSCHDEG

GENERALVERSAMMLUNG
> USELDENG / AM CLUBHAUS
CLVV Useldeng

28.01. | SONNDEG

FAMILLJEFEST
> USELDENG
Kierch am Duerf

30.01. | DËNSCHDEG

TRÄIPENIESSEN
> USELDENG / BUVETTE SPORTSHAL
Senioreforum

# FEBRUAR

03.02. | SAMSCHDEG

GENERALVERSAMMLUNG
> EVERLANGE / CENTRE CULTUREL
Club des Jeunes Useldeng

VETERANENTURNÉIER
> USELDENG / BUVETTE SPORTSHAL
Härenequipe Useldeng

04.02. | SONNDEG

GENERALVERSAMMLUNG
> USELDENG / CENTRE CULTUREL
Harmonie Useldeng

08.02. | DONNESCHDEG

PORTE-OUVERTE
> USELDENG / BUVETTE SPORTSHAL
Senioreforum

10.02. | SAMSCHDEG

KANNERFUESBAL MAM DJ HOFMEISTER
> USELDENG / CENTRE CULTUREL
Jugendkommissioun vum Useldenger Football

17.02. | SAMSCHDEG

BUERGBRENNEN
> SCHANDEL
Pompjeesfrënn Gemeng Useldeng

MAT DER BUERG DUERCH D'DUERF
> USELDENG
Club des Jeunes Useldeng

18.02. | SONNDEG

BUERGBRENNEN
> USELDENG /OEKOPARKING
Club des Jeunes Useldeng

GENERALVERSAMMLUNG
> USELDENG / BUVETTE SPORTSHAL
Senioreforum

BUERGBRENNEN
> RIPPWEILER
Club des Jeunes Rippweiler

BUERGBRENNEN
> IEWERLENG
Iewerlenger Bréckestäiler

22.02. | DONNESCHDEG

BIERGEROWEND
„ENERGIE SPUEREN AN TECHNIQUE"
> USELDENG
Gemeng Useldeng & Energie Atelier

24.02. | SAMSCHDEG

GENERALVERSAMMLUNG
> IEWERLENG / CENTRE CULTUREL
Ferguson Club

27.02. | SAMSCHDEG

SENIORENIESSEN
> USELDENG / BUVETTE SPORTSHAL
Senioreforum

29.02. | DONNESCHDEG

GENERALVERSAMMLUNG
> USELDENG / BUVETTE SPORTSHAL
Syndicat d'Initiative

## MÄERZ

02.03. | SAMSCHDEG

VÖLKERBALLTOURNOI
> USELDENG / BUVETTE SPORTSHAL
Club des Jeunes Useldeng

09.03. | SAMSCHDEG

OVATIOUN FIR DÉI NEI GEWIELTEN
> USELDENG / CENTRE CULTUREL
Rip. Iew. Schan. Useld. Syndicat d'initiative

10.03. | SONNDEG

BRETZELSSONNDEG
> GEMENG USELDENG
Club des Jeunes Useldeng a Rippweiler

14.03. | DONNESCHDEG

PORTE-OUVERTE
> USELDENG / BUVETTE SPORTSHAL
Senioreforum

15.03. | FREIDEG

JUST FOR FUN TOURNOI
> USELDENG / BUVETTE SPORTSHAL
Indiaca club

16.03. | SAMSCHDEG

GENERALVERSAMMLUNG
> IEWERLENG / AM SCHLASS
Härenequipe Useldeng

17.03. | SONNDEG

OUSCHTERMAART
> USELDENG / CENTRE CULTUREL
Harmonie Useldeng

26.03. | DËNSCHDEG

SENIORENIESSEN
> USELDENG / BUVETTE SPORTSHAL
Senioreforum

## ABRELL

11.04. | DONNESCHDEG

PORTE-OUVERTE
> USELDENG / BUVETTE SPORTSHAL
Senioreforum

21.04. | SONNDEG

HOBBYMAART
> USELDENG / CENTRE CULTUREL
Ferguson Club

25.04. | DONNESCHDEG

GENERALVERSAMMLUNG
> USELDENG / CENTRE CULTUREL
Kultur a Buergfrënn

30.04. | DËNSCHDEG

SENIORENIESSEN
> USELDENG / BUVETTE SPORTSHAL
Senioreforum

WWW.USELDENG.LU

GEMENG
USELDENG

**ADMINISTRATION COMMUNALE D'USELDANGE**
**2, RUE DE L'EGLISE**
**L-8706 USELDANGE**
**T. 23 63 00 51-1**

Ouverture des bureaux de l'administration communale d'Useldange

**Secrétariat** M. Marco Versall
Sur rendez-vous

**Bureau de la population** M. Tom Lehnert
Lundi : 08h00 – 12h00
Mardi: 13h00 – 19h00
Mercredi/Jeudi / Vendredi : 08h00 – 12h00

**Redacteur** M. Bob Waltzing, M. Daniel Philippe, M. Pit Lang
Sur rendez-vous

**Service technique** M. Marc Ferber, M. Denelle Luca
Sur rendez-vous

**Recette** Mme Tessy Ferber-Anen
Sur rendez-vous

**Relations publiques** Mme Jil Peiffer
Sur rendez-vous